

wëlle mir och an Zukunft stärken. De Finanzierungsmodus fir de CGDIS gëtt duerfir hei iwwerschafft. D'Police kann all Joer ëm 200 Stagiairë rekrutéieren. Dëst bleift och net ouni Impakt zum Beispill op d'Formation, den Ekipement, d'Kleeder, d'Munitioun.

Och wäert en neie Logistikzenter zu Konter entstoën. Käschtepunkt dofir: 70 Milliounen Euro. Och de Reklassement vu ronn 400 Polizisten, deen decidéiert gouf, stäerkt de Corps; e Käschtepunkt hei vun 42,5 Milliounen Euro, zeréckgerechent op d'Joren 2018 bis 2023. A mir kucken och, eis Douanesverwaltung weider no vir ze bréngen.

Här President, fir méi Rechtssécherheet suergt virun allem awer och eis Justiz. Hir Kreditter klammen duerfir ëm ronn 10 Milliounen Euro. Eis Verdeeungsausgaben, eppes, wat vill diskutéiert gëtt de Moment, ginn d'nächst Joer nach emol an d'Luucht. Fridde gëtt et nun emol net zum Nulltariff. Eng éischt Upassung vun der Trajectoire gouf mam Budget 2024 aktéiert. Éischt Hausse: vun 0,77 % Bruttoinlandsprodukt gi mer op 0,83 % am Joer 2024. Dat si ronn 697 Milliounen Euro d'Joer, dovunner 69,5 Milliounen Euro als Hëllef eleng fir d'Ukrain. Mam Budget 2025 gëtt den Effort de défense nach emol ugepasst. 792 Milliounen Euro, oder plus 94 Milliounen Euro méi wéi dëst Joer. An doriwwer eraus nach emol 80 Milliounen Euro d'nächst Joer zousätzlech fir d'Ukrain: Gutt investéiert Sue fir de Friden an Europa.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Virgësch, virun 80 Joer, de 16. Dezember 1944, ass d'Ardennenoffensiv ugaangen: eng vun den däischterste Stonne vum Zweete Weltkrich. Awer mir Lëtzebuurger hunn de Mutt an d'Hoffnung deemools net opginn. Eis Elteren, eis Grousselteren, déi souzen zwar an de Kellere, zu Wolz an op villen anere Plazen am Land, awer hir Moral war et deemools net, ganz am Géigendeel. De Charakter vun engem Mënsch an och vun enger Natioun weist sech grad a Krisenzäiten. Bei aller Gravitéit sinn eis Erausforderunge vun haut net mat deene vun deemools ze vergläichen. E Grond méi, eis un eisen Elteren a Grousselteren e Beispill ze huelen. Gradewéi si packen och mir d'Erausforderunge vu muer, well mir eis op eis Stärkte besënnen, wa mir eis den Erausforderunge stellen an aus den Erausforderungen nei Chancë maachen, wa mir zesummen an d'Zukunft vertrauen an zesummen dës Zukunft siche ginn, net blann oder naiv, mee mat Entschlossenheet a Motivatioun, mat der fester Iwwerzeugung, datt dat Bescht fir eist Land a seng Leit net hannert, mee virun allem virun eis ass. Dat heescht Kurs op muer halen, mat neiem Mutt a faktabasierter Zouversicht.

Dëse Muer ass nach net geschriwwen. Mir schreiwen en haut an hei, andeems mir eis mat dësem Budget déi néideg Moyene ginn. Zesumme mat Vertrauen op muer a Verantwortung fir jiddwereen. E Muer fir jiddweree geet just mat engem Matenee vun haut. An ech invitéieren Tech, dësem Budget Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président de séance | Merci villmools dem Här Finanzminister Gilles Roth.

### 3. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

### 8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och der Schoulklass 4.2 vu Mondorf häerzlech wëllkomm hei an der Chamber.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wäert elo meng Budgetried hei virdroen. An déi ass awer net mat ChatGPT geschriwwen ginn, mee ech hu se nach op eng eeler ...

(Hilarité)

... Aart a Weis geschriwwen. An dofir sinn ech och bei de Chiffere vum drëtten Trimester heiansdo ... De Finanzminister huet eis a sengen exzellenten Duerstellungen elo déi allermeiste Chiffere ginn. Dofir geet et bei menge Beispiller nach op dat vum drëtten Trimester, wat mer och an der Finanzkommissioun haten.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'alleréischte der Budgetsrapportrice, dem Corinne Cahen, villmools Merci soe fir hire Rapport, deen de Sujet vun der Kënschtlecher Intelligenz an de Mëttelpunkt gestallt hat. Ech wëll hir felicitéieren fir eng grëndlech Analys an och d'Ausschaffe vun net manner wéi 103 Recommandatiounen, wat ee mat der KI ka maachen. Dowéinst ass d'Politick gefuerdert, fir am Sënn vum Bierger ze handelen. An dësem Punkt si mir eis mat der Rapportrice eens: De Mënsch muss am Mëttelpunkt stoen an och am Mëttelpunkt bleiwen.

Dës Regierung ass ugetrueden, fir d'Digitaliséierung och beim Staat resolutt virunzedriewen. An dat ass och gutt esou. An et ass och wichteg, dass dat ëmgësat gëtt. Dëst maache mir, ënner anerem, iwwert de Once-Only an iwwert déi Hellewull vu Proposen, fir déi Prozeduren ze vereinfachen, beim Bau, awer net nëmmen do, och doriwwer eraus.

D'KI spillt do eng Schlësselroll a punkto Chatbots an E-Mail-bots. Dëst erlaabt eis, séier an effikass op d'Froen anzegoen. D'Méiglechkeet muss awer erhale bleiwen, dass d'Leit och nach kënne mat engem Beamten oder engem Mënsch déi aner Säit vum Telefon schwätzen, an net: „Dréckt wannechgelift d'Dräi, fir déi nächst dréckt wannechgelift d'Veier“, mee dass och de Mënsch d'Méiglechkeet huet, nach mat engem anere kënne ze schwätzen.

(Interruption)

De Staat dierf sech net hannert der Maschinn verstoppen, mee muss weider accessibel bleiwe fir all seng Biergerinnen a Bierger.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'KI wäert e groussen Impakt hunn op den Aarbechtsmaart. An do musse mer oppassen, dass keen op der Streck bleift. Dowéinst spillt d'Weiderbildung eng zentral Roll a muss weider gefërdert ginn. Mir mussen d'Leit op d'KI schoulen an och ëmschoulen, falls si a Sparte schaffen, déi deemnächst kéinte vun der KI iwwerholl ginn, wat awer minimal wäert sinn, well se wäert am Contraire am Total méi Aarbechtsplaze schafen, wéi der wäerte verschwannen. Mee och do wëlle mir warnen, dass de Mënsch nach ëmmer muss duerch de gesunde Mënscheverstand am Mëttelpunkt stoen. An et kann net sinn, well d'KI wäert net fäeg sinn, selbstänneg ze denken, mee déi muss och ëmmer gefiddert ginn.

De Bon sens, deen all Mënsch muss matbréngen, ass ganz wichteg, wann ee KI benotzt, an dat gëllt souwuel am Privatlieue wéi och am Berufsliewen. A fir

et e bësse flappseg ze soen, sou wéi mir dat heiansdo am Minett all maachen: Bei aller Kënschtlecher Intelligenz muss awer nach ëmmer och d'mënschlecht Gehier ageschalt bleiwen.

**M. André Bauler** (DP) | Très bien, Här Spautz!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här President, d'KI ass och an eise Schoulen ukomm a wäert ni fortgoen, egal wat mir mengen, verbidde se mussen. Dofir plädéieren mir fir en offenen Émgang mat der KI an der Educatioun, mat geschoultem Léierpersonal. Esou brénge mir et fäerdeg, eise Kanner de richtegen Émgang mat der KI bäizebréngen, wéi si d'KI notzen, wéi hiert Wëssen ze erweideren ass, awer och, där Maschinn net blann ze vertrauen, wa se engem eppes seet. Et gëtt jo och ganz vill Leit, déi bei den Dokter Google ginn. Heiansdo wier et besser, se géife bei den Dokter goen. Dat géif méi hëllef, wéi wa se op dem Dokter Google alles nosichen, wat se eventuell kéinten hunn.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Rapportrice ass awer grad do och op d'Potenzial vun der KI am Gesondheetswiesenen agaangen. Och mir erkennen dëst Potenzial. An ech wëll just all déi Kolleegen drun erënneren, déi mat d'Chance haten, wéi mer op den Anniversaire ware vun der Fondation Cancer, wou och ënnerstrach ginn ass mat konkreete Beispiller, wat do alles méiglech ass, wa KI mat zum Asaz kéint a wa Maschinnen mat zum Asaz kommen, souwuel an der Preventioun wéi och an der Diagnostik, mee och duerno an der Behandlung.

D'KI hëllef och bei der Cybersécherheet a mir sollen alles drusetzen, fir d'Donnéen an d'Demarché vun eise Leit, eistem Staat, eise Betriber an och de Privatleit ze schützen. Lëtzebuerg huet d'Potenzial, zum Hub fir Cybersécherheet a fir KI ze ginn, an dat solle mer och maachen. D'Infrastrukture sinn do, d'Kompetenze si ginn an och eng Rei Betriber hunn de Wee op Lëtzebuerg fonnt.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, meng Kolleegin Diane Adehm, déi herno och nach wäert zum Budget schwätzen, hat och schonn an hirem Rapport op verschidde Punkte vun der KI higewisen, an dat beweist, dass dës Majoritéit op enger Wellelängt ass, dass dat indirekt och eng Kontinuitéit ass, vu datt d'Madamm Cahen awer hei d'KI u sech an de Mëttelpunkt gestallt huet, zu deem, wat d'Madamm Diane Adehm och schonn an hirem Budgetsrapport gesot huet.

D'Regierung schafft mat Nodrock um Ausbau vun dëse Kompetenznische fir eist Land, fir et a punkto Zukunftstechnologien ze positionéieren. A genee déi Politik ënnerstëtze mir als CSV-Fraktioun: Asaz fir d'Zukunft vun eistem Land mam Mënsch am Mëttelpunkt.

Dir Dammen an Hären, Léif Frënn, ech wëll awer dann och zum Budget kommen, dem Budget als Kärschéck. Fir d'alleréischte wëll ech Merci soen de Beruffsschamberen, den Institutiounen, der Zentralbank, dem Conseil national des finances publiques an allegueren deenen Institutiounen, déi mer gesinn hunn an der Budgetkommissioun.

Ech wëll der Presidentin vun der Budgetkommissioun an alle Membere Merci soe fir déi interessant Diskussiounen, déi mer an der Finanzkommissioun konnte féieren. Och wa mer net allkéiers zu deene selwechte Schlussfolgerunge komm sinn, sou war et awer flott, deen Austausch ze hunn, souwuel mat den Institutiounen wéi och ënnereneen. An dat huet och mat derzou bäigedroen, dass een déi eng oder déi aner Saach bäigeléiert huet, sech confirméiert gespiert huet, an awer där Meenung ass, dass ee verschidde Saache misst änneren.

D'Entwécklung vun eise Staatsfinanzen, an dat an engem schwierere wirtschaftlechen Ëmfeld: 2023 huet d'Wirtschaft méi lues gedréint a virun allem huet Europa ënner enger Energiekris gelidden, wat Suitte si vun dem Ukrain-Krich.

No den éischte sechs Méint 2024 ass et och duerno erëm besser gelaf. An dat drëtt Trimester 2024 war d'Aktivitéit an der Eurozon méi héich wéi virausgesot. Mee an der EU gëtt et och grouss Ënnerscheeder: Déi spuenesch Ekonomik entwéckelt sech ganz dynamesch, während déi däitsch Wirtschaft, a virun allem d'Industrie an Däitschland, a virun allem do de Stol an d'Automobilindustrie, den Houscht, fir net ze soen, eng Longenentzündung huet.

Dat internationaalt Ëmfeld gesäit Stand haut net roseg aus. Do sinn engersäits de Krich an der Ukrain an de Konflikt am Noen Osten, wou a béide Fäll keen Enn ofzegesinn ass, an anerersäits déi politesch Lag an eisen Nopeschlänner, notament a Frankräich, wou et de véierte Premier ass an engem Joer, an Däitschland, wou eng Koalitioun zesummegebrach ass a wou Nei-wale sinn. Dat sinn eis wichtegst Handelspartner an et ass net gutt, wann an deene Länner, mat deene mer dee meeschten Handel hunn, Onstabilitéit ass.

An eist drëtt Nopeschland, mee déi sinn dat scho méi laang gewinnt, eis belsch Kollegeen, déi hu scho säit bal 200 Deeg keng funktiounsfäeg Regierung, se sinn awer nach wäit ewech, si ware schonn eng Kéier iwwer 365 komm, dofir ... Mee déi hu sech scho méi laang, Här Clement, doru gewinnt, och emol ouni Regierung kënnen ze funktionéieren. Mee dat beweist, wéi onsécher d'Ëmfeld ass, souwuel dat politesch wéi och dat wirtschaftlecht.

Zulescht muss een awer och net vergiessen, dass international ëmmer méi protektionistesche Tendenzen opkommen. An dat ass schwiereg fir esou eng kleng Ekonomik, wéi Lëtzebuerg se dach awer duerstellt. Mee et ass grad den internationale Kontext, deen natierlech en Impakt op Lëtzebuerg huet. Ech wëll drun erënneren, dass mir 2023 eng Rezessioun haten, wou d'Wirtschaft ëm 1,1 % geschrumpft ass.

Fir 2024 tabléiert de Statec op eng Erhuelung mat enger Croissance vun 1,5 % a fir 2025 geet e vun engem Wuesstum vun 2,7 % aus. Déi Zuele klénge gutt, mee ech wëll awer eppes ënnersträichen: D'Croissance läit nach ëmmer ënnert der Moyenne, déi mer ëmmer haten, vun 3 %.

Méi eng lues Croissance heescht och eng manner héich Création d'emplois. Just e puer Zuelen dozou: 2023 plus 2,2 %, 2024 plus 0,9 % an 2025 plus 1,5 %. Och hei leie mir e gudden Krack ënnert där laangfristeger Moyenne vun 3,1 %, déi mer hei zu Lëtzebuerg gewinnt waren.

Virun allem de Bausektor, deen an der Kris ass, bleift e Suergkand, dës weinst den Aarbechtsplazen, déi um Spill stinn, awer och weinst der Logementsproblematik, déi duerch d'Baukris leider net méi kleng wäert ginn.

No enger staarker Hausse tëscht 2023 an 2024 soll de Chômagetax sech 2025 op 6 % stabiliséieren, mee 6 % sinn nach ëmmer 6 % ze vill, wann ee vu Chômage a Beschäftegung schwätzt.

D'Präisdeierecht schéngt no e puer Joer vun der héijer Inflatioun, bedéngt duerch d'Energiekris, maîtresiert. Déi lichte Augmentatioun 2025 ass op Verännerunge bei de Präisdeckelen zrëckzeféieren. Ech komme méi spéit nach dorobber zrëck.

D'grousst Bild vun de Staatsfinanzen: am groussen Ganzen eng positiv Entwécklung. Ech konzentréiere mech do op d'Betriebsweise vun der EU, de sougenannte SEC. Dat gëtt engem eng méi breet a

komplett Vue vun der internationaler Betruechtungsweise. Ech wëll an Erënnerung rufen, dass d'Administration publique de Staat aus engem groussen Duerstellung. Si begräift d'Administration centrale, also den Zentralstaat, d'Administrations locales, hei sinn eis Gemenge gemengt, an d'Sécurité sociale an.

Ech wollt op där Plaz just déi Haapttendenze kommentéieren an net an den Detail goen, engersäits, fir mech net an engem Zuelen-Dschungel ze verléieren, an anerersäits, fir Iech och net mat engem Zuelen-Tsunami ze langweilen.

D'Administration publique: Bei der Administration publique klëmmt den Defizit licht vu 464 Milliounen Euro op 563 Milliounen Euro 2025, woubäi 2026 erëm mat enger Verbesserung vum Solde gerechent gëtt. Eng Evolutioun bei der Administration publique ze kucken, ass awer just en Deel vun der Realitéit, well si verschleiert oft verschidden Tendenzen op deenen dräi Elementer, aus deene si besteet. Esou erklären d'Baiss vum Iwwerschoss bei der Sécurité sociale dee méi héijen Defizit um globalen Niveau bei der Administration publique. An da wäert ech elo zu deenen dräi benannte Komponente kommen.

Bei der Administration centrale, also dem Zentralstaat, wäert d'Situatioun sech licht verbessern. Fir 2025 tabléiert de Finanzministère Recettë vun 29.570 Milliounen Euro, deem géintiwwer stinn Dépenses vun 30.858 Milliounen Euro. D'Recettë klamme mat 5,2 % méi séier wéi d'Dépenses, déi hirersäits ëm 4,5 % steigen.

Doraus ergëtt sech 2025 e positive Schéiereffekt, well d'Progressioun vun de Recetten eebe méi héich ass wéi d'Progressioun vun den Dépenses. Logescherweis geet doduerch den Defizit erof, vun 1,4 Milliarden 2024 op 1,3 Milliarden 2025. Doraus ergëtt sech eng Verbesserung vum Solde an der Gréisstenuerdnung vun 133 Milliounen Euro. En plus wier dann den Defizit am Joer 2025 500 Milliounen Euro méi niddreg wéi nach am März dës Joer virausgesot gouf.

D'Administrations locales: Bei den Administrations locales, also de Mengenen, gëtt och mat klenger Verbesserung gerechent. Hei soll den Iwwerschoss vun 20 op 68 Milliounen eropgoen zwëschen 2024 an 2025.

Ech wëll awer do ënnersträichen, dass wann een elo Budgete liest vun deene leschte Wochen, déi een an der Zeitung ka kucken, an et liest een do déi Zuel vun den Emprunten, déi op deenen eenzele Gemenge gemaach ginn – ech wëll déi Mengeng, wou ech d'Chance hunn, och Verantwortung ze droen, net eraushuelen, och mir hu vill Emprunte gemaach –, ee sech dann awer bewusst muss sinn, wann een déi Emprunten all zesummerechent, dass do och eng Kéier d'Diskusioun wäert kommen an dass ee sech do och muss bewusst si bei der Verschëldung vun der Mengeng, dass do och déi eng oder déi aner Zill wäert op d'Mengengen drécken.

Mee ech kommen elo méi spéit nach drop zrëck, och wat den Avis vum Syvicol zum Budget ugeet.

Da bei der Sécurité sociale: Bei der Sécurité sociale gëtt et en traditionellen Iwwerschoss. Traditionell sinn hei d'Recetten, déi aus de Cotisations sociales bestinn, méi héich wéi d'Ausgaben, d'Ausgaben, déi sech aus verschiddene Prestatiounen an de Fonctionnements-käschten zesummesetzen.

Eppes fällt awer op: Den Iwwerschoss gëtt ëmmer méi kleng. 2023 war et 1 Milliard 173 Milliounen, 2024 nach 937 Milliounen an 2025 nach 657 Milliounen Euro. Wann een dat kuckt iwwer dräi Joer, ass dat e Minus vu ronn 516 Milliounen Euro.

De Problem ass, dass dës Tendenz sech wäert fortsetzen. Esou gëtt 2028 mat engem Defizit gerechent, well d'Dépenses da méi héich wäerte si wéi d'Einnahmen.

Dat ass nach eng Kéier vun all deenen Institutiounen, vun deenen ech virdu geschwat hunn, ënnerstrach gi bei der Presentatioun an der Finanzkommissioun.

Hannert dës plakegen Zuele verstoppt sech awer e strukturelle Changement an eng haart Realitéit: d'Création d'emploi, déi méi niddreg ass wéi déi historesch Moyenne, an eng Populatioun, déi, an dat ass eng erferech Nouvelle, ëmmer méi al gëtt. Awer dat bedeit natierlech och, dass do ëmmer zousätzlech Käschen op eis zoukommen. Sief dat an der Altersversuergung, sief dat an dem Gesondheitswesen, wat och gutt ass. Mee et dierf een och déi Käschen net aus den Ae verléieren.

Mat der Folleg, dass d'Zuel vun de berufleche Aktive manner dynamesch klëmmt, während d'Zuel vun de Pensionéierte méi staark an d'Luucht geet, woubäi dee leschtgenannte Grupp eng Populatioun ass, déi altersbedéngt och op verschidden aner Soinen an Uspréich muss virbereet ginn.

Wat wëll ech heimat soen? Ech wëll kloer maachen, dass de finanziellen Drock op eis Sécurité sociale, e Pilier vun eise Lëtzebuerger Sozialmodell, wäert zouhuelen. An dës Tendenz mécht sech breet, ob mer dat wëllen oder net. Dofir dierfe mer net d'Hänn an de Schouss leeën, mee mer müssen handeln a mir mussen kucken, dass d'Recettë méi an d'Luucht ginn.

D'Dette publique: Wat d'Staatsschuld ugeet, esou stabiliséiert déi sech bei 27,5 % par rapport zum PIB. A si stabiliséiert sech trotz héijen Investitiounen an trotz dem Entlaaschtungs-Pak, deen d'Kafkraaft vun de Bierger stäerkt. En plus geet d'Dette op 26 % erof, wa mer d'Previsiounen fir 2028 kucken.

Dofir mussen mir awer och weider kucken, dass d'Kafkraaft vun de Leit erhale bleift. A mir mussen kucken, dass den Defizit och net ze grouss gëtt. An de Finanzminister hat Recht, wéi en d'Presentatioun vu senger Budgetsried gemaach a gesot huet: „Och bei der Staatsschuld läit de Kurs richteg, well eis Staatsschuld wäert zrëckgoen.“

Ech wollt awer déi finanzpolitesch Partie vu menger Ried ofschléisse mat enger Partie kritesche Reflexiounen. Wann d'Steierrecettë staark geklomm sinn, huet dat zum Deel mat Facteuren ze dinn, déi kéinten – wéi sot de Fransous? – non recurrent sinn.

Ech ginn zwee Beispiller: d'Andrewe vun de Steierscholden aus vergaangen Exercien an d'exceptionell héich Benefizier bei verschiddene Betriber, mee – de Finanzminister huet et virun nach eng Kéier ënnerstrach gehat – wou een awer net weess, ob dat sech nach eng Kéier wäert widerhuelen.

Dat soll een am Kapp behalen, obschonn ech mer sécher sinn, dass den Här Roth dat och op sengem Radar huet.

An ech hat et och schonn ugedeit: Den Iwwerschoss vun der Sécurité sociale geet strukturell zrëck. Dat huet en negativen Impakt bei der Krankeess, de Pensionsregimenter an allegueren deenen anere Keesen, déi an der Sécurité sociale sinn. Mee do wäert ech méi spéit nach eng Kéier e bësse méi an den Detail drop zrëckkommen.

An da sinn ech der Meenung, datt et bei der Gouvernance vun der Budgetpolitik nach Loft no uewe gëtt. Esou huet de Staatsrot jo och a sengem Avis zum Staatsbudget de sougenannte Cavalier budgétaire relevéiert. An einfache Wieder ausgedréckt: De voluminöse Budgetsprojett gëtt benotzt, fir verschiddene Mesuren dranzepaken, déi een och an engem separate Projet de loi hätt kënnen presentéieren.

An ech wëll do nach eng Kéier drun erënneren, ech hunn et och scho souwuel an der Finanzkommissioun



wéi an der Fonctioun-publiques-Kommissioun gesot: Ech fannen et net gutt, dass d'Integratioun vum Service national de la sécurité dans la fonction publique an d'Inspection du travail et des mines iwwert de Budget geschitt. An dat huet och de Staatsrot ënnerstrach.

An ech géif do de Finanzminister opfuerderen, dat an Zukunft bei senger Budgeten net méi ze maachen an dass, wann dat esou eng Envergure huet, een dat dann och an engem separate Projet mécht an net dat iwwert d'Budgetgesetz mécht. Dat war net esou üblech hei am Land a mir sollen och erëm do dann zu der aler Traditioun zrëckkommen. An ech sinn och dovun iwwerzeegt, dass de Finanzminister dat wäert maachen.

Meng Konklussiounen zu der Entwécklung vun der Finance publique: Déi aktuell Lag vun de Staatsfinanzen ass gutt. Beim Zentralstaat hu mer e positive Schéiereffekt, den Defizit geet zréck, d'Dette publique stabiliséiert sech bei 27,5 % vum PIB, d'finanziell Lag huet sech verbessert, den Defizit ass manner grouss wéi virdu geschat, an dëst trotz dem Entlaaschtungs-Pak an Héicht vu 535 Milliounen Euro, wouvu 421 Milliounen Euro fir d'Bierger sinn an dat anert fir héich Investitiounen.

Mir mussen eis awer an Zukunft nei opstellen am Interêt vun eise Bierger an de Leit, déi hei schaffen. A wat d'Gouvernance vum Staatsbudget ugeet, gëtt et och nach e gewëssent Verbesserungspotenzial.

D'Wichtigkeet vum Budgetgesetz: Et gëtt ëmmer gesot, de Budget wier dat wichtegst Gesetz vum Joer, an dat stëmmt. Firwat? Mee well et sech ëm d'Staatsfinanzen handelt a mir brauchen déi Finanzen, fir all déi Politicke kënnen ze maachen, déi mer wëllen, dat am Interêt vun eiser Ekonomik an am Interêt vun eise Bierger.

Et geet also haaptsächlech hei och dann deelweis ëm Zuelen. Awer wat bei de Budgetdiskussiounen meeschtens vergiess gëtt: Hannert den Zuelen, hannert den Euro sti Leit, sti Mënschen. Dofir warnen ech virdu, d'Staatsfinanzen aus enger renger Kontabelsvue ze kucken, well mir maache Politik fir d'Leit an net fir d'Comptabilitéit.

An ech mengen, dass de Finanzminister senger Budgetried net fir näischt den Titel ginn huet „Kurs op Muer. E Muer fir jiddereen“, wou ech em fir den Titel eleng scho wëll felicitéieren, well et e positiven Impakt huet.

An de roude Fuedem, deen de Finanzminister a senger Budgetried genannt huet, kann ech nëmmen ënnerschreiwen. Ech zitieren: „E Budget als Ausdruck vun enger nohalteger-sozialer Finanzpolitik. Mam Mënsch am Zentrum. Dëse Budget ass en Invest an d'Leit. E stäerkt eis Kafkraaft mat Entlaaschtung fir Klengverdienger an déi breet Mëtt. Dëse Budget stäerkt eise sozialen Zesammenhalt an eise soziale Fridde mat enger resolutter Bekämpfung vun der Aarmut. Dëse Budget stäerkt eis Nohaltegkeet mat geziilten Investier an e Klimaschutz, deen d'Leit mathëlt. Dëse Budget stäerkt de Standuert Lëtzebuerg. Dëse Budget stäerkt eis Zukunftsfähgkeet mat vill Mobilitéit, gudden Schoulen, gudden Spideeler, digitaler Innovatioun mat Kurs och a Richtung KI.“ Dat waren d'Wierder vum Finanzminister bei der Presentatioun vum Budget.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Fir mech perséinlech ass d'Zil vun der Politik, esou wéi ech se gesinn, dass de Bierger hei am Land kann en dezent Liewe féieren, an dat och an engem ordentlechen Ëmfeld.

D'Sozial- an d'Ëmweltpolitik mussen a solle finanzéiert ginn. An dofir brauch een och eng staark Wirtschaft.

Dofir ass dat hei e Budget vun der Nohaltegkeet, vun der Ekonomik, vum Sozialen a vun der Ëmwelt.

Lëtzebuerg muss wettbewerbsfähig sinn a bleiwen. Jo, et ass wichteg, d'Wirtschaft ze ënnerstëtzen, fir eise Sozialmodell ze erhalen a punktuell ze verbesseren, do wou et néideg ass. Jo, Lëtzebuerg soll a muss attraktiv sinn a bleiwe fir déi auslännesch Main-d'oeuvre. An hei geet et esouwuel ëm d'Ausländer, déi op Lëtzebuerg wunne kommen, wéi och ëm d'Frontaliëren.

Ech wëll awer betounen, dass et bei der sougenannter Talentattraction fir mech zumindest net nëmmen ëm héich talentéiert Leit notament aus dem Finanzberäich dierf goen. Och d'Handwierk, de Commerce, d'Industrie an den Horeca brauche gutt qualifizéiert Leit, genauso wéi de Sozialsektor an de Santéberäich, well do hu mer grad am Covid gesinn, wat dat géif bedeuten, wa mer eis auslännesch Matbierger net hätten, well da wier eise gesamte Gesondheetssystem zesummegefall. An ech hat mer jo och erlaabt, fir do ufanks d'nächst Joer eng Debatt heiriwwer ze féieren, fir dass mer et och fäerdegbréngen, déi Secteure méi interessant ze maachen, fir dass mer déi Leit fannen, déi mer brauchen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Fir déi néideg Main-d'oeuvre unzézien, mussen mir also als Standuert attraktiv bleiwen. Aus dësem Grund brauch een eng kompetitiv Ekonomik, och Investor an d'effentlech Infrastrukturen. Dat erkläert och, firwat dës Investitiounen esou héich gehale ginn.

Lëtzebuerg brauch gutt Transportinfrastrukturen, sief et d'Strooss, d'Eisebunn, den Tram oder de Flughafen, an e gudden effentlechen Transport. Lëtzebuerg brauch modern Schoulgebäuer a Spideeler. Lëtzebuerg brauch Aktivitéitszonen, wou d'Entreprise sech kënnen implanteren a wou se net am administrativen Dschungel ënnerginn. Iwwerdeems kommen déi Investitiounen och dem Lëtzeburger Handwierk zegutt, an dat zu enger Zäit, wou de Bausektor – wéi mer heibanne jo alleguete wëssen – konjunkturrell Problemer huet.

An héich effentlech Investitiounen sinn also och e Konjunkturënnerstëtzungsprogramm fir de Bau. An do gëtt ëmmer erëm ënnerstrach – an do sollte mer alleguerten eng Kéier driwwer nodenken –, dass een Deel vun de Problemer am Bau och ass, well zwou Walen an deem selwechte Joer waren. D'Gemengen hu méi lues gemaach, de Staat huet méi lues gemaach, well Waljore waren, an doduerch huet et och e bësse méi laang gedauert, fir erëm unzekommen. Och dat gëtt ëmmer erëm ënnerstrach an do sollte mir all zesammen driwwer nodenken, fir dass mer dat och aneschtens vläicht gestalt kréien, well de Staat huet jo d'Méiglechkeet, dat och e bëssen ze geréieren doduerch, wéini seng Chantieren op de Programm kommen oder och net.

Och wa vill Leit dat net wëllen oder net méi kënnen héieren: Och de Steiersystem ass e Krittär, firwat Entreprise sech zu Lëtzebuerg niderloossen oder hir Aktivitéit hei am Land ausbauen. Och an all dëse Punkten ass d'Regierung aktiv a wäert hir Efforten an déi Richtung weiderféieren.

E grouss Chantier, deen d'Regierung an Ugrëff geholl huet, ass dee vun der Simplification administrative.

**Une voix** | O!

**M. Marc Spautz** (CSV) | D'Bürokratie huet en negativen Impakt op e puer Niveauen: Si verlängert den Decisiounsprozess heiansdo enorm, si bënnt vill Ressourcë bei Staat, Gemengen, Betriber a Bierger, Ressourcen, déi méi intelligent a méi produktiv kéinten agesat ginn. Deen héijen Opwand, gemooss an Zäit, an Humanressourcen an an der Bürokratie, kascht d'Gesellschaft vill Geld.

De Wunnengsbau mat sengem Millefeuille administratif ass hefir e Paradebeispill mat senger sëllege Rapporten, Avisen, Etüden a Pläng, déi verlaangt ginn an déi vill Recoursméiglechkeete ginn, déi heiansdo all Projet ëmmer méi laang erauszéien – wat net gutt ass, weeder fir d'Realisatioun vum Projet nach fir déi Leit, déi wëllen investéieren, ze encouragéieren, nach eng Kéier esou eppes unzegoen.

Och déi Facteuren droen derzou bäi, dass mer beim Logement verschidde Saache méi deier maachen. Mee ech hunn et gesot: D'Regierung ass amgang, drun ze schaffen mat hirem Pak „Méi a méi séier bauen“. An dat ass och gutt esou an dat ass och richtig.

D'Wirtschaft ass kee Selbstzweck. D'Wirtschaft muss dozou dëngen, d'Liewensqualitéit vun de Bierger ze erhalen an ze verbesseren. Dofir huet d'Kompetitivitéit vun der Ekonomik och zwee aner wichteg Aspekter, nämlech dat Sozialt an d'Ëmwelt. Mat deenen zwee Aspekter sinn zwee Ziler verbonden: déi materiell Ofsecherung vum Bierger an e Liewen an enger propere Ëmwelt an d'Erhale vun dëser Ëmwelt.

Den Triple-S: Héich sozial Standarden, och dat ass e Wettbewerbsfaktor, och dat mécht de Standuert Lëtzebuerg attraktiv. Op där anerer Säit brauche mir eng staark Wirtschaft, fir eis am Sozialen dat ze leeschten, wat mir eis leeschte kënnen. Fir et vereinfacht ze soen: Den Triple-A ass wichteg, fir den Triple-S ze finanzéieren.

„De Kuch muss gebak ginn, ier e ka verdeelt ginn“, huet meng Bom ëmmer gesot, an dat ass och an der Politik an an der Wirtschaft esou. An deem Kontext wollt ech nach eng Kéier rappeléieren, dass 47 % vun eisem Budget, dat heescht bal d'Hallschent, sozial Transferte sinn. Mäi Punkt ass: Et gëtt eng Wiesselwirkung tëschent enger starker Ekonomik an engem staarken Sozialmodell. Déi zwee sollen net géinteneen ausgespillt ginn, mee solle matenee fonctionéieren.

Kafkraaft erhalen a stäerken: Eng vun de Prioritéiten vun der Regierung ass d'Stärkung vun der Kafkraaft. Am Kader vum Entlaaschtungs-Pak ginn eng ganz Partie vu Mesuren ëmgesat, déi d'Kafkraaft vun de Bierger erhalen a stäerken.

Déi éischt Mesur betrëft praktesch alleguerten d'Leit. Et gëtt den 1. Januar 2025 eng weider Upassung vun der Steiertabell un den Index, an zwar eng Berengung ëm 2,5 Indextranchen. Domadder si 6,5 vun deenen 8 Indextranchen ausgeglach.

Et gëtt awer och eppes gemaach fir eng Grupp Leit, déi dat iwwert déi lescht Joren zu Recht ëmmer erëm gefuerdert hunn: Et handelt sech ëm d'Leit aus der Steuerklasse 1a. Hei gëtt de Montant vu steuerbefreien Tranché vu 24.876 op 26.460 Euro duerch d'Inflationsberengung eropgesat. Doriwwer eraus gëtt d'Berechnungsformel vum Tarif an der Steuerklasse 1a ugepasst, wat eng zousätzlech Entlaaschtung mat sech bréngt.

Da gesäit den Entlaaschtungs-Pak nach eng Moossnam fir d'Elengerzéier vir: Et gëtt eng Erhéijung vum Steierkredit, dem Crédit d'impôt monoparental, dee vun 2.505 op 3.504 Euro an d'Luucht gesat gëtt, dat heescht 999 Euro.

Wann een de cumuléierten Effekt vun deene Moossname kuckt, déi ech elo an deene leschte Minutten erkläert hunn, dann entlaaschte mir d'Leit an der Steuerklasse 1a ëm vill Suen.

*(Interruption)*

Zwee Beispiller vun der Entlaaschtung ..., mee nee, ech loossen dat sinn, well dat hat de Finanzminister scho virdu selwer gemaach, a seng Zuelen, déi sinn honnertprozenteg richtig!

*(Hilarité)*

Meng Konklusiounen zum Thema Stärkung vun der Kafkraaft: D'Regierung hält, wat se versprach huet, si liwwert of, fir d'Bierger ze entlaaschten. Stéchnuert: méi Netto vum Brutto. Et ass kee logeschen Adjustement, wéi Verschiddener schreiven, mee et sinn Upassungen, déi der Politick vun dëser Majoritéit entsprechen. Hei sinn et d'Leit an der Steuerklass 1a, déi jorelaang drop gewaart hunn, déi elo endlech entlaascht ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

**M. Marc Spautz** (CSV) | D'Aarmutsbekämpfung ass eng absolutt Prioritéit an ech wollt hei den Ënnerschied zwëschen Sozialaalt a Sozialhëllef kloerstellen. Dat ass eng ganz grouss Differenz, well et sinn oft Leit, déi mengen, wa mer soen: „47 % ginn an dat Sozialaalt“, datt déi 47 % an d'Sozialhëllef géife goen. Dat eent ass, fir eis Systemer ofzesécheren – dat geet u bei Kannergeld, Krankengeld, Pensiounen –, an dat anert ass, fir déi Vulnerabelst an déi Schwächst vun eiser Gesellschaft ze ënnerstëtzen. An och do ass et wichteg, dass mer Akzenter setzen, wat dës Regierung och gemaach huet.

D'Allocation de vie chère geet ëm 10 % erop, méi Leit kommen an de Genoss dovunner. Dat ass e Plus vu 5,5 Milliounen. An dobäi muss gesot ginn, an hei sëtze jo ganz vill Gemeengevertrieder: Déi eng verduebelen dat, et gëtt der, déi verdreifachen dat, soudass et net bei deene 5,5 Milliounen bleift, mee dass do och nach vill méi wäert ausgeschott ginn. An dat ass och gutt esou, well et ass och wichteg, dass mer deene Leit hëllef.

Bei den Energieprimen, wou 2023 29.000 Stéit dovunner profitéiert hunn, geet och de Montant erop. Et gëtt Leit, déi kommen an de Genoss dovunner. Fir all déi Leit, déi bis elo dovun profitéiere konnten, gëtt d'Primm verdreifacht. Dat si 16,3 Milliounen Euro, an d'Leit mat engem de Revenu, dee 25 % iwwert der Akommesgrenz fir d'Allocation de vie chère steet, déi kréien nach eng Kéier de volle Montant.

Doriwwer eraus gëtt d'Primm erweidert mat engem degressive Montant op Leit mat engem Revenu, dee bis zu 30 % iwwert der Akommesgrenz fir d'AVC läit. Dat ass d'Allocation de vie chère, dat ass elo net den Härzinfarkt.

(Hilarité)

Konkreet heescht dat: E Persounenhaushalt ka bis zu 600 Euro Energieprim kréien.

Fir de Rescht brauch ech net op d'Beispiller anzegoen. De Finanzminister huet dat virdrun exzellent hei duergestallt!

(Interruptions et hilarité)

D'Empfänger vun der Allocation d'inclusion kréien automatesch d'Allocation de vie chère an d'Energieprim. Dat si 6,2 Milliounen Euro.

Den Equivalent crédit d'impôt gëtt definitiv bäibehale fir Leit, déi de REVIS oder de Revenu fir schwéier handikapéiert Persounen, den RPGH, kréien. Dat mécht 16,8 Milliounen aus.

Ech hat virdru gesot: Fir d'Monoparentallen, also déi mat der Steuerklass 1a, déi oft besonnesch vum Aarmutrisiko beträff sinn, ass et éischters d'Upassung vun der Berechnungsformel an d'Erhéijung vum Steuerkredit. Och dat sinn dräi Moossnamen, déi ee muss ënnersträichen.

Da gëtt den netqualifizéierte Mindestloun fir all Steuerklasse steierfräi.

Wat d'Alters- a Fleegeheimer ugeet, do gëtt d'Hëllef fir d'Energie méikäschte bis Enn 2025 verlängert.

De Präisdeckel beim Stroum, och wann en adaptéiert gëtt, gëtt bäibehalen. Dat kascht de Staat ëmmerhin 141 Milliounen Euro (veuillez lire: 171 Milliounen Euro).

Et gëtt méi Kreditter fir d'Sensibiliséierung vun de Bierger mam Zil, si ze informéieren doriwwer, wat et vun Hëllefem iwwerhaupt gëtt, well mir jo och do festgestallt hunn, dass oft bei den Hëllefem d'Leit net wëssen, op wat se Urecht hunn.

An et soll e Guichet social agefouert ginn als Ulaaf- a Kompetenzstell fir d'Sozialhëllef, fir dass och do nëmme méi op enger Plaz brauch eng Demande gemaach ze ginn, an een net iwwerall muss higoen.

D'Dotatiounen fir de Fonds national de solidarité ginn ëm 64 Milliounen erop an de Budget vum Office national d'accueil, dem ONA, klëmmt ëm 11 %. Nieft de Mesüeren, déi ech hei erwänt hunn, wäert och de Plang 2025 fir d'Aarmutsbekämpfung vun der Regierung virgeluecht ginn.

Eng LSAP-Motioun vum 24. Abrëll 2024 huet d'Regierung invitéiert, de Mindestloun ëm 100 Euro netto ze erhéijen. D'Regierung huet elo no engem Joer de Mindestloun ëm 47 Euro netto opgebessert. Si huet also weider véier Joer Zäit, fir déi 23 Euro (veuillez lire: 53 Euro) dann och nach ze bréngen. An ech kann Iech garantéieren: Et wäert keng véier Joer daueren, bis dat dann och erreecht ass.

Et ass och an där Motioun geschwat gi vun der Exonération fiscale vum Mindestloun. Dat huet d'Regierung gemaach.

An de Crédit d'impôt monoparental soll eropgesat ginn. Och dat mécht d'Regierung. Dofir eng Remark, fir dat eng Kéier ze rappeléieren.

(Interruptions diverses)

An ech wëll awer just drun erënneren: An de leschten zéng Joer ass den Aarmutrisiko geklomm. Vill vun deene Politiker, déi dëscher Majoritéit elo virwerfen, et wier net genuch geschitt fir d'Aarmut an deene leschten 368 Deeg, déi haten zéng Joer Zäit, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | ... fir do eppes ze maachen. Och dat misst een awer eng Kéier rappeléieren. Dës Majoritéit huet elo agéiert.

**Mme Nancy Arendt épouse Kemp** (CSV) | Wou ware se dann do?

**M. Marc Spautz** (CSV) | Meng Konklusioun zur Aarmutsbekämpfung ass: Déi Regierung mécht vill am Kampf géint d'Aarmut an huet e ganzen Arsenal vu Mesüeren – déi hunn ech jo och opgezielt. Mir maache ganz kloer eng Politick, déi deenen zeguttkënnt, déi et am meeschte brauchen, séier, effizient a virun allem onbürokratesch.

Dës Regierung wäert och an deenen nächste Jore weider Mesüeren huelen an der Aarmutsbekämpfung. Den Narrativ vun enger liberaler Politick mat kalem Härz, dee Verschiddener esou gäre wëlle strécken, ass duerch dës Fakte widerluecht. Vill vun deene Politiker, déi dat haut behaupten, hate virdrun och d'Méiglechkeet, eppes ze änneren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Eng weider Prioritéit ass fir eis d'Lutte géint d'Logementskris. E wichteg Punkt am Kampf géint d'Aarmut ass de Logement. Well Dir wësst alleguerten, dass wann ee schon esou vill muss ausgi fir ze wunnen, sief et, fir Schold ze bezuelen oder fir Loyer ze bezuelen, da bleift manner Rescht. An dat stellt ee virun allem fest, wann een dat

vergläicht mat dem Ausland. Dofir ass et och wichteg, dass do eppes gemaach gëtt!

D'Präisser vum Logement sinn zu Lëtzebuerg tendenziell staark an d'Luucht gaangen. An de leschte Jore kounn dunn och nach d'Hausse vun den Hypothekenzinsen derbäi. Dat huet et fir vill Leit onméiglech gemaach, sech den Dram vun enger eegener Wunneng ze erfüllen. Och hei ass d'Regierung aktiv gi mat enger ganzer Serie vu Mesüeren.

D'Ausgabe vum Spezialfond fir abordabele Wunraum klammen ëm 130 Milliounen Euro par rapport zu 2024, vun 331 Millioun op 461. A fir d'Period 2025 bis 2028 sinn insgesamt 2 Milliarden Euro virgesinn. D'finanziell Bedeelegung un de Wunnengsbauprojete vum Fonds du logement, vun der SNHBM a vun de Gemenge beleeft sech op 218 Milliounen Euro 2025 a wäert och op 1 Milliard fir den Zäitraum 2025 bis 2028 an d'Luucht goen.

De Staat wäert och Immobilien opkafen. Dofir si ronn 630 Milliounen fir d'Period 2025 bis 2028 virgesinn, dorënner 480 Milliounen Euro am Kader vun dem sougenannte VEFA-Opkafprogramm. Bis Ufank September konnte Projekte vun 152 Wunnengen ënnerschriwwen ginn. 13 Dossiere fir ongeféier 414 Logementer waren zu deem Zäitpunkt nach an der Evaluatioun a fir d'Gemenge stinn am Kader vum Pacte Logement 2.0 117 Milliounen Euro bereet.

Retroaktiv op den 1. Oktober bis den 30. Juni 2025 bezuelen d'Leit just nach d'Hallschent vun den Enregistrementskäschten, déi ufalen. Dës Reegel gëllt fir Eegenheemkeefen an den Investisseur. Dës Mesüre kommen also de Leit zegutt an net de Promoteuren.

Déi individuell Wunbäihëllef goufen am Kader vum Logementspak reforméiert, soudass méi Leit dovun kënne profitéieren. D'Zil war et, dass och hei méi Leit an de Genoss dovun kommen. Dës Mesüre kommen also de Leit zegutt an net de Promoteuren.

Den Entlaaschtungs-Pak gesäit vir, dass d'Bierger méi Scholdzinsen ofsetze kënne beim Kaf vun enger bestoender Wunneng oder am Fall vun Iwwerbréckungskreditter.

Den 12. Dezember huet d'Europäesch Zentralbank eng weider Kéier – fir d'véiert dës Joer – un der Zënschrauf gedréit. An zwar ass de Leetzëns ëm weider 0,25 % erofgesat ginn. An ech ruffe vun dëser Plaz aus d'Banken op, dës Baisse esou séier wéi méiglech hire Clientë weiderzeginn an domadder och méiglech ze maachen, dass nach méi Leit kënnen op hir Hypothekekreditter zrëckgräife respektiv dass och méi Leit manner müssen zrëckbezuelen an net un deenen Zësen erstécken. Och dat géif sécher hëllef, méi abordabel ze ginn, fir dass d'Leit sech kënnen am bordabele Wunraum eppes uschaffen. An och dat géif Schwong an de Logementsmarché bréngen.

Déi ugekënnegt Mesüre si gutt, ginn awer menger Meenung no nach net duer. Ech mengen, et misst een och de Gemenge méi Incentivé ginn, fir Logement abordabel ze realiséieren. Sou huet de Syvicol, d'Gewerkschaft vun de Gemengemammen a -pappen, a sengem Avis zum Staatsbudget verschidde Propose gemaach, déi een op d'mannst soll mat an déi Iwwerleeungen eranhuelen, déi do lafen: dass de Logement social soll op d'mannst verduebelt ginn insgesamt an d'Plaffong vun den Aidë solle suppriméiert oder zumindest no uewen adaptéiert ginn. Duerch de Plafonnement ginn Tauxen affichéiert an Aiden, déi an der Praxis oft guer net erreecht ginn. D'Gemenge sollen och net weider diskriminéiert ginn, wat d'Rémunération du capital investit uegt. Dat – nach eng Kéier als Rappel – ass dat, wat de Syvicol, d'Gewerkschaft vun de Gemengen, ënnerstrach huet a sengem Avis zum Budget.



Ech weess, dass de Logementsminister un enger Reform vum Gesetz iwwert de Logement abordable schafft, an ech wier grou, wann en Deel vun deene Pisten, déi do genannt gi sinn, géife mat an dee Programm opgeholl ginn.

Meng Konklusiounen zur Logementsproblematik: D'Regierung hëllef de Leit, sech eng Wunneng ze leeschten, andeems d'Offer vum abordable Wunraum méi grouss gemaach gëtt, virun allem deen an effentlecher Hand, méi Bierger méi Hëllef wäerte kréien a manner Käschten hunn. Am Fokus hei steet also kloer de Bierger an net, wéi ëmmer erëm behaupt gëtt, de Promoteur.

D'Mesure sollen awer och de Bausecteur erëm ukuerbelen, och fir ze verhënneren, dass d'Baubetriber a Schwieeregkeete kommen. An d'Banken sollen hir Responsabilitéit iwwerhuelen an d'Zënsbaissé séier weiderginn un d'Clienten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | An der Familljepolitick ass d'Fundament vun enger Gesellschaft. Och d'Famillje léisst d'Regierung net am Ree stoen. E groust Thema ass d'Betreiung vun eise Kanner, virun allem fir Elteren, déi allen zwee schaffen. De Staat ënnerstëtzt hei iwwert de Chèque-service accueil mat 804 Milliounen Euro, dat ass e Plus vun 88 Milliounen, duerch d'Participatioun un de private Betreuungsstrukture mat 612 Milliounen Euro, dat ass e Plus vun 8,1 %.

Nieft de steuerlechen Entlaaschtunge gräift d'Zukunftkeess der Famill mat iwwer 1,5 Milliarden Euro ënnert d'Ärm: ronn 1 Milliard Euro Kannergeld, 422 Milliounen fir de Congé parental, 33 Milliounen fir d'Allocation de rentrée scolaire a ronn 14 Milliounen fir d'Allocation de naissance.

An dann: Sécherheet. Zu engem gudden Zesummeliewe gehéiert och d'Sécherheet. Et spiert een aus Diskussiounen, Presseartikelen a Reportagen eraus, dass d'Sécherheetsgefill bei der Bevëlkerung zrëckgaangen ass. An ech schwätze bewusst hei vum Gefill.

D'Regierung ass aktiv ginn an ergräift konkret Moossnamen. Zwou Gemengen haten e Pilotprojet gemaach mat der Police locale – dat waren d'Gemeng Esch an d'Stad Lëtzebuerg – an do si positiv Réckmeldunge komm. Ech stellen elo fest, dass aner Gemenge mat anerer politescher Couleur wéi Esch an d'Stad Lëtzebuerg elo op eemol an der Rei stinn an de Fanger gehuewen hunn, fir dat och ze kréien. Dat ass fir eis de Beweis, dass dat, wat déi schwaarzblo Koalitioun do gemaach huet, jo net kann esou falsch sinn. Wann op eemol och alleguerten déi aner de Fanger an d'Luucht setzen, fir et ze kréien, da war dat dee richteg Wee. An ech mengen, dass de Policeminister, de Léon Gloden, do dann dee richteg Wee fonnt huet, wann der elo op eemol esou vill an der Rei stinn, déi de Fanger an d'Luucht hiewen, fir dat och ze kréien.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, eppes, wat mir ganz besonnesch um Häerz läit, an dat wësst Der alleguer, dat ass de Sozialdialog. An déi, déi mech kennen, déi wëssen, wat dat fir mech bedeit. Ech si 40 Joer an deem Domän aktiv. Ech hu gehollef, vill Kollektivverträge ze maachen. A wann ee vill Kollektivverträge mécht, bleift och deen een oder anere Sozialplang net aus an och op där enger oder aner Plaz kënnt et dann zu Betriebsschléissungen.

Ech war och bei e sëllegen Tripartitt-Gespräicher dobäi, gradewéi bei Diskussiounen am Comité permanent du travail et de l'emploi. En huet déizäit zwar nach aneschtens geheescht, wéi et ugaangen ass. En

ass elo eréischt virun och scho bal 20 Joer op deem „travail et emploi“ komm.

An och wa gestridde gouf, wat jo logesch ass, well d'Interesse vun de Patronen a Salarieën net ëmmer déi selwecht kënne sinn, hu mir meeschtens eng Solutioun am géigesäitege Respekt fonnt. 80 % vun de Saache si meeschtens zesummen decidéiert ginn a bei deenen aneren 20 % war et uschléissend d'Parlament, dat seng Decisioun geholl huet. Et ass ëmmer am Respekt matenee geschwat ginn an et ass och ëmmer am Respekt matenee gestridde ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, firwat ass de Sozialdialog esou wichteg? Mee ganz einfach, well en derzou bäidréit, de soziale Friden an domadder och déi sozial Kohäsioun ze erhalen. Och dat ass e Kompetitivitéitsfaktor fir eist Land.

**Une voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | A Leit, déi Industriezonen an hire Gemengen hunn, déi wëssen, dass oft Betriber op Lëtzebuerg komm sinn, well et bei eis sécher war, dass net all Méideg oder all Freideg gestreikt gëtt, well se sécher waren, dass do geschafft gëtt. Och dat war e Standuervirdeel, virun allem an der Industrie an an der veraarbechtender Industrie.

Lëtzebuerg brauch e strukturéierte Sozialdialog mat national representative Gewerkschaften. D'Zil war a misst et och an Zukunft sinn, iwwert de Sozialdialog Kompromësser ze fannen tëscht de Sozialpartner. Ech wëll drun erënneren, dass mir eis souguer an Zäite vu schwéierste Krisen am Endeffekt ëmmer eens gi sinn an och déi Jalone gesat hunn, déi néideg waren. Ech denken un d'Stolindustrie, ech denken un d'Rettung vun zwou gréissere Banken hei am Lëtzeburger Land. An dofir wäert ech mech mat alle Mëttelen derfir setzen, perséinlech op alle Fall, dass dat hei zu Lëtzebuerg esou bleift.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Maacht dat och um Rousegärtchen, wannechgelift.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Den Accord salarial an der Fonction publique. Erlaabt mir, och nach e Wuert zu der Fonction publique ze soen. Den 1. Januar fänken d'Verhandlungen un an der Fonction publique fir en neie Gehälteraccord. Et muss een awer wëssen, dass verschidde Saachen aus dem Gehälteraccord vun 2022 nach net ëmgemat sinn. An do denken ech virun allem un d'Harmoniséierung vun deenen ënneschte Karriären. An ech mengen, dass et wichteg wier, an ech géif do och en Appell maachen un déi héich Kierperschaft, hiren Avis ze liwweren, dass dat och endlech an d'Rei bruecht gëtt. Well et ass net gutt, wann een dräi Joer muss warden, wann en Accord fonnt ginn ass – vun der viregter Regierung, ech wëll dat ënnersträichen – mat de Gewerkschaften, dee bis elo nach net konnt ëmgemat ginn, ënner anerem och, well déi héich Kierperschaft hiren Avis nach net dozou ofginn huet. Ech mengen, dass et wichteg a gutt wier, wann deen esou séier wéi méiglech a Kraaft géif treden, ier d'Verhandlungen fir deen neien Accord salarial esou richteg ukommen.

An ech wëll do ënnersträichen an deenen zwee Ministere felicitéieren, dem Minister vun der Fonction publique an dem Minister vum Interieur, dass déi gesot hunn, dass si och fir dee Problem zwëschent Staat a Gemenge wäerten zesummen eng Léisung sichen, fir dass dat net méi esou laang dauert, bis deen Accord, dee fonnt ginn ass beim Staat, dann och an de Gemenge kann ëmgemat ginn. An duerfir kann ech deenen zwee Ministeren nëmme felicitéieren an ech sinn da gespaant, wéi mer dat hikréien, fir dee Knuet opzeléisen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Marc Spautz** (CSV) | D'Aarbechtsorganisatioun moderniséieren ass wichteg, awer net egal wéi. D'Welt huet sech an de leschte Jore staark verännert. D'Uspréich vun der Aarbechtsorganisatioun maachen do keng Ausnam. Wien huet viru Covid vum Travail geschwat hei zu Lëtzebuerg? Bal keen. Wien huet virun zwanzeg Joer iwwer Work-Life-Balance geschwat? Keen.

Jo, ech sinn och der Meenung, dass een d'Aarbechtszäitorganisatioun soll a muss moderniséieren, awer net egal wéi. D'Patrone verlaange méi Flexibilitéit. Ech kann dat verstoen. D'Salariéë wëllen eng besser Work-Life-Balance. Dat verstinn ech ganz gutt. Ech verlaangen dat och fir d'Deputéiert, mee do komme mer nach eng aner Kéier drop zrëck, Här President.

(Hilarité)

Et geet wéi esou oft drëms, Kompetenzen ze sichen an ze fannen. Meng Meenung ass déi, dass dat hei en Dossier ass, wou et nach Loft no uewe gëtt. D'Kollektivvertragsgesetz, Sonndesaarbecht, Fermetureszäiten am Handel, Congés spéciaux, all des Dossiere mussen während deenen nächste Méint diskutéiert ginn. An ech wëll nach eng Kéier Merci soe fir déi Motiounen a Resolutiounen, déi déi lescht Woche säit dem 21. November komm sinn.

An ech freee mech elo schonn op den 8. Januar an den 29. Januar, wou mer an der Kommissioun aktiv wäerten doriwwer diskutéieren, fir am Interessi vun alle Salarieën a vun alle Patronen den Avantage ze maachen, an dass mer et do fäerdegbréngen, e kohärent System auszeschaffe mam Zil, Léisungen ze fannen, déi um Terrain d'Strooss halen, souwuel fir déi Leit, déi do schaffen, wéi och fir d'Betriber.

An all dese sensibelen Dossiere wäert a muss d'Parlament der Regierung op d'Fanger kucken. Ech wëll nach eng Kéier drun erënneren, dass eng vun den Haaptmissiounen vun engem Parlament déi ass, d'Aarbecht vun der Regierung ze kontrolléieren. Dëst ass e Fundament vun eiser Demokratie. Mee ech sinn och iwwerzeugt, dass d'Regierung an d'Parlament zesummen déi bescht Léisung fannen am Interêt vum Land, dat heescht am Interêt vun de Beschäftegten an am Interêt vun de Betriber.

D'Gesondheetswiese stäerken: Zum Soziale gehéiert sonner Zweifel och e gutt Gesondheetswiesen, an dat souwuel, wat d'Quantitéit vun den Dénchschtleschtungen ugeet, déi offréiert ginn, wéi och d'Qualitéit vun deenen Dénchschtleschtungen. An zu engem gudde Gesondheetswiese gehéiert och eng zolidd a stabil Finanzéierung. Am Kloertext heescht dat fir mech, dass mir héich Leeschtungen erhalen an de Finanzement dovunner ausbauen a garantéieren mussen.

De Staat investéiert vill Geld a medezinnesch Infrastrukture wéi Spideeler an an aner medezinnesch Dénchschtleschtungen, déi de Bierger zeguttkommen. Dofir muss d'Gesondheetskeess op finanziell staarke Bee stoen. Och dat muss an den nächste Méint diskutéiert ginn.

Mir brauchen och eng Ännerung an der Nomenclature an an den Tariffer. An et muss och garantéiert bleiven, dass déi Infrastrukturen, déi mer hunn, och kënne benotzt ginn. Et ass net logesch, dass Operatiounssäll a Maschinnen net kënne bedéngt ginn, well kee Personal do ass. Do mussen mer zesummen eng Léisung fannen, fir dass mer dat Personal fannen, fir dass et net derzou kënnt, dass Open net kënne voll besat gi respektiv aner Maschinnen an den Dénchschtleschtungsberäicher vun de Spideeler net kënne bedéngt ginn, well dat néidegt Personal net do ass.

De Pensiounsregimm ofsécheren: E weidere Pilier vun eise Sozialmodell ass den öffentliche Rentenregimm, de sougenannten éischte Pilier. Op dëser Plaz begreisse mer fir d'éischt – et ass zwar net eise Meritt, mee et ass d'Entwécklung vun de Léin –, dass d'Pensiounen den 1. Januar 2025 ëm 1,6 % ugepasst ginn.

*(Interruption)*

D'Regierung ass iwwerzeegt, dass eng verantwortlech Politick eng nohalteg Politick ass, déi och iwwer eng Legislaturperiod erausgeet. De Premier an d'Ministesch vun der Sécurité sociale hunn e Prozess vun zwou Phasen ugekënnegt. Déi eng, do gongt et drëm, den État des lieux ze maache mat der Zivilgesellschaft, mat enger breet ugeluechter Consultation, wou jidderee seng Iddien konnt abréngen. An elo geet et drëm, méiglech Léisungen ze fannen op Basis vun dëse Consultatiounen.

Ech wëll drun erënneren, dass mer am Ufank vu Februar geschwat hunn, mee dass et elo geheescht huet, mir sollen et e Mount no hanne verréckelen, fir dass fir d'éischt an där zoustänneger Kommissioun kann driwwer geschwat ginn. An dee Message, dee komm ass vun all de Kolleegen, ass och deementsprechend un d'Regierung weidergaangen, sou dass dat wäert am Ufank vum Joer stattfannen, mee dass dat dann e Mount no hanne geréckelt gëtt, fir dass déi zoustänneg Kommissioun vun der Sécurité sociale sech am Virfeld kann domat beschäftegen, ier dann den Débat de consultation heibanne soll stattfannen.

Wat d'Pensiounskarriären ugeet, esou muss ee wëssen, dass hei zu Lëtzebuerg, bedéngt duerch d'Studien, déi eng Leit méi fréi, déi aner Leit méi spéit op den Aarbechtsmaart kommen. An ech wëll och eng Kéier drun erënneren, dass a Lëtzebuerg déi meeschte Leit mat 60 respektiv 61 Joer an d'Pensioun ginn, awer de Pensiounsalter hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer 65 Joer ass. Esou steet et nach ëmmer am Gesetz, an dat anert, mat 57, mat 60, do sinn allkéiers aner Konditiounen dru gebonnen.

De Finanzement vun dem Lëtzeburger Pensiounsregimm ass aktuell ofhängeg vun engem permanent héije Wuesstum. Den Här Di Bartolomeo schwätzt ëmmer vun 2012, ech ginn dann nach méi wäit zrëck. Deemoools, bei där Reform nach virdrun, ass festgehale ginn, mir bräichten e Wuesstum – dat war beim Carlo Wagner – vu 4 % pro Joer, fir dass de System kéint finanziert bliewen.

*(Interruption)*

Mir wëssen awer och säit enger Partie Joren, dass et Nieweneffekter gëtt, well mer mussen wëssen, dass wann den Emploi ëmmer méi an d'Luucht geet, dat Stauen op eise Stroossen, Problemer beim Accès zu abordablem Wunraum an d'Ofhängegkeet vun der Grenzregioun mat sech bréngt.

Dernieft hu mer en demografesche Problem, deen ëmmer méi staark Auswierkunge wäert hunn, nidreg Gebuerteraten op där enger Säit an op där anerer Säit eng Bevëlkerung, déi ëmmer méi al gëtt.

Här President, schreift den Här Di Bartolomeo op, fir och nach ze schwätzen, ...

*(Interruption)*

... da brauch en net ëmmer e Message weiderzeginn. Merci.

*(Interruption et hilarité)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Dat ass richtig. Dir hutt et e bësse gär, Här Spautz, mee ech soen dem Här Di Bartolomeo, e soll Iech awer elo schwätze loosse.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Jo.

**M. Claude Wiseler**, Président | An d'Wuert ass elo eleng fir Iech.

*(Interruption)*

**M. Marc Spautz** (CSV) | Merci. Duerch d'Babyboomer, déi no an no an d'Pensioun ginn, klëmmt d'Zuel vun de Pensionéierte staark, während d'Zuel vun den Aktiven u Schwong verléiert. Et brauch een net den Nobelpräis an der Ekonomik kritt ze hu fir ze mierken, dass dat laangfristeg net kann opgoen. Wat d'Ofsicherung vun de Pensiounsregimern ugeet, brauche mir net wäit an d'Zukunft ze kucken, well an e puer Joer schonns d'Dépense méi héich wäerte si wéi d'Recetten. Dofir ass et wichteg, dass mer un der Schrauf vun de Recetten dréien.

Jo, et si Reserven do an – dat wëll ech awer ënnersträichen – dat sinn déi vun der privater Pensiounskeess: Dat ass de sougenannte Fonds de compensation. Déi sinn héich. Mee dat sinn net d'Sue vum Staat. Dat sinn d'Sue vun den Assuréeen aus dem Privatsektor, ...

*(Interruption)*

... déi do dran abezuelt hunn, hir 8 %, déi 8 % vum Patron an natierlech och déi 8 % vum Staat.

An et sinn ëmmer esou vill Leit, déi iwwert déi Reserve schwätzen, mee do sinn awer och ganz vill Leit, déi vergiessen, weem seng Reserven et sinn! An dofir ass et fir mech ganz wichteg, dat eng Kéier ze ënnersträichen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

*(Interruption par M. Claude Haagen)*

**M. Marc Spautz** (CSV) | D'Finalitéit ... Gelif? Jo, Här Haagen, Dir hat et och schon eng Kéier an Ärer Qualitéit als Minister ënnerstrach. D'Finalitéit vum Fond ass, déi Pensiounsversprechen ...

*(Interruption et hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dir provoziert.

**M. André Bauler** (DP) | E bësse méi Seriositéit am Debat, wannegelif!

**M. Claude Wiseler**, Président | Dir sidd net esou brav. Dir loosst elo den Här Spautz schwätzen.

*(Hilarité)*

**M. Marc Spautz** (CSV) | D'Reserve gehéieren net dem Staat, mee deene Leit, déi während Joren a Joerzénge geschafft an hir Sozialbäiträg abezuelt hunn. D'Finalitéit vum Fond ass, déi Pensiounsversprechen mathëllefen anzuléisen, déi de Leit gemaach goufen, wéi se hir Karriär ugefaangen hunn. Dëst zum État des lieux.

An domadder ass et och kloer, dass ee bei deene Leit, déi dat versprach kritt hunn an déi elo an der Pensioun si respektiv kuerz virdru stinn, och näischt därfer änneren an dass dat muss bestoe bliewen.

Mee an där zweeter Phas vun der Pensiounsdebat, déi jo da wäert follegt mat deem Debat, deen ech virdrun ugekënnegt hunn, do mussen dann och déi eenzel Leit hir Iddien op den Dësch leeën. Bis elo ass et eréischt eng Partei, déi dat gemaach huet. An all déi aner Parteien mussen dann heibannen am Parlament nozéien.

**Une voix** | Här Spautz, ech si ganz virwëtzege op d'Propose vun der CSV.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Meng Konklusioun zu där Pensiounsdebat: ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Dir sidd net eleng!

**M. Marc Spautz** (CSV) | D'Politick vum Weider-esou ass keng Optioun.

*(Interruption)*

D'Politick vum Weider-esou kéint een och definéieren als: Après moi le déluge! Déi, déi fir de Status quo plädéieren, setzen déi finanziell Ofsecherung vu künfte Generationen op d'Spill.

Et muss een d'Recetten an d'Luucht setzen. Dat kann ee mat e puer Moossname maachen. An do muss mer och zesummen dru schaffen. An ech sinn dervun iwwerzeegt, dass mer mat e bësse guddem Wëllen a bëssen Asaz och do zesumme wäerte Léisungen fannen.

Klima an Energie: Och eng propper Ëmwelt gehéiert zu der Kompetitivitéit. Mir wäerte keng auslännesch Main-d'oeuvre unzéien, wann et sech net gutt zu Lëtzebuerg liewe léisst. Am Interêt vun eis alleguerte steet d'Regierung zu den ambitiése Klimaziler, zu deenen eist Land sech verpflichtet huet: D'Reduzierung vun den Treibhausgasen vu 55 % bis 2030, d'Energieeffektivitéit soll ëm 42 % verbessert gi bis 2030 an d'Part vun den Énergies renouvelables soll bis 2030 op 37 % gesteigert ginn. Dat ass, wéi gesot, d'Zil.

Ee vun de Moyenen, fir dohinner ze kommen, ass de PNEC. Dëse Plang ass d'Roadmap, fir déi virdru genannte Klimaziler ze erreechen. An ech sinn dervun iwwerzeegt, dass mer dat och zesumme wäerte fäerdegbréngen.

D'Aidë fir d'Fotovoltaikanlagen: D'Aidë fir PV-Anlage waren zu Lëtzebuerg immens generéis. Déi Aidë sinn adaptéiert ginn, mee bleiwe mat enger Subventionierung vu 50 % ganz héich. Mir brauchen domadder de Verglach mat den Nopeschlänner net ze scheien. Et muss een och rappelléieren, datt déi meescht Gemengen hei am Land nach eng Kéier eng kommunal Aide op dat dropleeën, wat de Staat scho bezilt.

Wat de Bierger ganz vill wäert hëllefen, ass de Prefinanzement, deen d'Regierung wëllt aféieren. Duerch dëse System, och Tiers payant genannt, dee mer virdru soss nëmmen an der Krankekeess haten, mussen d'Leit déi Aiden net méi aus eegener Täsch virstrecken, fir duerno déi Hëllefen ermëzkréien, mee dat kann direkt gemaach ginn.

De Präisdeckel an der Lëscht vum Stroumpreis, e grouse Sujet an der Aktualitéit: D'Regierung huet d'Decisioun geholl, de Präisdeckel um Stroum ze verlängeren, mee d'Hausse vun de Präisser wäert op 30 % begrenzt ginn. Ech wëll awer soen, dass et nach just dräi Länner sinn an der Europäescher Unioun, déi dat maachen, well et ass ofgemaach gewiescht, dass dat ab 2025 net méi géif lafen. A Lëtzebuerg ass eent vun deenen dräi.

Fir mech ass déi Decisioun awer gerechtfäerdigt, an dat aus e puer Ursachen. Et ass normal, dass de Staat jiddwerengem – an d'Betounung läit um Wuert „jiddwerengem“ – en Deel vun der Stroumrechnung bezilt. Lëtzebuerg ass praktesch nach dat eenzegst Land, wat dat huet.

De Präisdeckel geet erof, mee bleift erhalen, contrairement zu deem, wat de Conseil vun der EU Lëtzebuerg recommandéiert huet. D'Reduktioun vum Präisdeckel gëtt sozial ofgefiedert mat enger ganzer Partie vu Primmen, wou éischters de Montant erhéicht gëtt an zweetens méi Leit an de Genoss vun deene Primme wäerte kommen.

Finalement ginn ech ze bedenken, dass de Präisdeckel, trotz Adaptatioun, nach e Käschtepunkt vun 141 Milliounen Euro (veuillez lire: 171 Milliounen Euro) huet, wat also beweist, dass net näischt geschitt.

Eng ugekënnegt nei Tariffstruktur beim Stroum, déi ab dem 1. Januar 2025 applikabel wier, huet fir vill Onrou gesuergt. Ab dësem Stéichdatum ass de Stroumpreis net méi fir jiddwereen dee selwechten, mee hânt vum eegene Konsumverhalen of.



De Client kritt de Referenzwäert gerechent, baséiert op säi Konsum vun de leschten zwielef Méint. Just fir déi Zäiten, wou de Client mat sengem Verbrauch säi Referenzwäert iwwerschreit, muss hie méi bezuelen. Et gëtt gesot, dass fir 93 % vun de Stéit sech näischt wäert änneren. An do sinn ech der Meenung, dass mer müssen zesummen no sechs Méint e Bilan zéien, wou mer dru sinn, a gegebenefalls kucken, wat do nach ze maachen ass.

D'Primme fir Elektroautoen: Fir de Poste de promotion des véhicules routiers à zéro ou à faibles émissions de CO<sub>2</sub> sinn 2025 bal 54 Milliounen virgesinn. 2023 waren dat nach 40 Milliounen. Jo, et stëmmt, d'Primme fir d'Elektroautoe sinn adaptéiert ginn, si si sozial méi selektiv ginn. Oder fënnt een et heibannen normal, dass de Staat Elektro-Luxus-SUVe mat Steiergelder géif subventionéieren?

Meng Konklusiounen zum Environnement: Dës Regierung steet zum Ëmweltschutz. Et gëtt konsequent fir erneierbar Energien investéiert. D'Elektromobilitéit gëtt weider ënnerstëtzt. D'Hëllef an deem Beräich gi sozial méi selektiv, ewech vun der Géisskanepolitik. Och beim Energiepräisdeckel mécht dës Regierung e Phasing-out, dee sozial ofgedieft gëtt.

Fazit: Dës Majoritéit mécht Neel mat Käpp! Si mécht eng Politik fir d'Gesellschaft. Anerer schwätzen driwwer, si mécht et. Si erhéicht d'Kafkraaft vun der Populatioun, méi Netto vum Brutto, grad fir déi méi breet Métt. Si erhéicht d'Ënnerstëtzung vun deene Vulnerabelsten an eiser Gesellschaft. D'Aarmutsbekämpfung ass eng vun de grouse Prioritéiten. Si beméit sech, de Wunnengsmaart erëm un d'Lafen ze kréien a méi abordabel Wunnengen op de Marché ze bréngen.

Si mécht alles, fir déi ekologesch Transitoun hinze kréien. Si agéiert net nëmmen am „Hier und Jetzt“. Am Interêt vun deene Jonken an deenen zukünfte Generationen ass dës Regierung beméit, eis sozial Systemer laangfristeg ofzesécheren. D'Regierung stäerkt d'Wirtschaft, fir eise Lëtzeburger Sozialmodell kënnen ze finanzéieren.

Erlaabt mer zum Schluss nach e Wuert zum Sozialdialog. De Sozialdialog war a bleift hir wichteg fir de soziale Fridden, fir déi sozial Kohäsion a jo, fir d'Kompetitivitéit vun eisem Land. Ech wäert mech perséinlech dëfir asetzen, dass dat esou bleift, Här Engel.

(Interruption)

Am Sozialdialog geet et drëms, Kompromësser ze fannen am gesonden Equilibre. Kompromësser hunn et eeben esou u sech, dass keng Säit 100 % zefridden ass. Mir sinn ëmmer gutt domat gefuer an ech wëll, dass dat esou bleift.

(Interruption)

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, d'CSV gëtt d'Zoustëmmung zu dësem Budget a seet dem Finanzminister Merci, dass en nogelauschtert huet, wat d'Parlament ze soen huet.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn domadder fir dës Moment fäerdeg a soe merci fir Är Opmierksamkeit.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Villmools merci, Här Spautz. Den Här Fayot wëllt Iech eng Fro stellen, Här Spautz. Dir sidd sécher domat d'accord. Ok, Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Merci villmools, Här Präsident. Jo, ech wollt den Här Spautz net ënnerbrieche während senger Ried. Ech wollt em eng Fro stellen zu sengen Aussoen iwwert de Logement.

Dir hutt e puermol gesot, Här Spautz, dass déi Mesüren, déi geholl goufen elo vun der Regierung,

Subsidien, Steiermesüren, net géifen de Promoteuren zeguttkommen, mee dass déi géifen de Leit zeguttkommen, déi no Wunnenge sichen. An ech wollt Iech froen, ob Der Kenntnis geholl hutt vun den Aussoe vum Här Reinesch an der Finanzkommissioun, wéi mer den Avis vun der Zentralbank diskutéiert hunn.

Den Här Reinesch sot zu deene Mesüren, déi u sech d'Demande sinn, d'Steiermesüren, d'Subsidien, dat, wat Der elo gemaach hutt, fir d'éischt emol op enger temporärer Base ze maachen, dat wier ok. Mee e sot awer och, datt wann Der dat verlängert, dat dann ëmmer eppes ass, wat en fin de compte agepräist gëtt a wat derzou bäidréit, dass d'Wunnengen erëm eng Kéier méi deier ginn.

En huet gesot: „Dat ass eng antikompetitiv an och eng antisozial Politik.“ An ech wollt Iech froen, ob Der dovun Kenntnis geholl hutt, well dat jo am Fong diametralement opposéiert ass zu deem, wat Dir elo just gesot hutt, dass dat net de Promoteuren zeguttkënn, a wat Der vun deenen Aussoen do haalt.

Merci.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Här Fayot, ech souz an där Sitzung just vis-à-vis vun Iech, wann Der Iech nach ...

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Ech weess dat.

**M. Marc Spautz** (CSV) | Dann ass et gutt, da sinn ech berouegt.

De Punkt ass: Dee Moment ass nach net geschwat gi vu Verlängerungen, wéi mer den Här Reinesch gesinn hunn. Déi Geschicht betreffend d'Verlängerungen, déi elo komm sinn, dat war deemools de 5., nee Niklosdag, de 6. Dezember ..., dass déi Verlängerunge géife kommen, well soss wiere se jo ausgelaf. An d'Regierung huet dat gemaach. Wa se dat virdrun éischter ugekënnegt hätt, dann hätt Der Recht mat Är Remark. An dofir ass et elo en dernière minute nach eng Kéier fir sechs Méint verlängert ginn, fir dass dat net geschitt, wat Dir elo gesot hutt a wou och den Här Reinesch drop opmierksam gemaach huet. Mee ech wëll awer betounen: Den Här Reinesch war virdrun an der Finanzkommissioun, ier d'Regierung deen do Beschloss geholl huet.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Voilà, merci, Här Spautz. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci fir d'Wuert, Här Präsident. Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, unzefänke mat engem ganz grouse Merci u meng Fraktiounskolleegin, déi honorabel Madame Corinne Cahen, fir hiren immense Fläiss, hiren Asaz an Zäit, a virun allem d'Passioun, déi si an d'Aarbecht vum Budgetsrapport investéiert huet.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | D'Theema vun der Kënschtlecher Intelligenz wäert eis och an Zukunft weider begleeden. D'Theema vun der Kënschtlecher Intelligenz wäert d'Zukunft matgestalten. An och deng Aarbecht, léift Corinne, wäert an de kommende Méint a Joren, mat dengem 103 Recommandatiounen, nach oft fir Informatiounen erausgezunn a gelies ginn. Däers sinn ech iwwerzeegt.

Budgetsrapporter ze sinn, dat ass eng Eier, déi engem am politesche Liewen normalerweis nëmmen eng Kéier zoustee, an awer sinn ech och iwwerzeegt, Corinne, dass deng méi wéi 90 Entwueren, déi s de mat de verschiddenen Acteuren has, an Erënnerung bleiwe wäerten. Dofir nach eng Kéier bravo, Corinne, fir deng Aarbecht.

Merci awer och dem Här Roth, eise ganz äerdege Finanzminister, deen hei säin éischte komplette Budget presentéiert huet. Den Här Roth huet eng propere Finanzsituatioun virfonnt an iwwerholl, op där sech fir d'Land a fir d'Leit opbaue léisst. An doriwwer solle mer eis och emol eng Kéier zesumme freeën.

De Budget fir d'Joer 2025 ass e Budget, dee sech den aktuellen Defien hei am Land stellt a Lëtzebuerg op d'Zukunft virbereet. Et ass e Budget, dee Lëtzebuerg e weideren Opschwung gëtt. Déi wirtschaftlech Realitéiten hunn d'Liewensbedingunge vu ville Familljen déi lescht Joren erschwéiert. Duerfir gesäit de Budget nei Mesüre vir, fir d'Liewe vun de Leit hei am Land ze verbessern. Den Entlaaschtungs-Pak mat 16 steuerleche Mesüren, déi mer elo kuerz gestëmmt hunn, bréngen de spierbare Plus an de Portmonni vun eise Bierger. Mat dëse Moosssname garantéiere mer, dass besonnesch déi méi vulnerabel Gruppen an eiser Gesellschaft weider konkret Ënnerstëtzung kréien.

D'Zukunft vun eisem Land hänkt awer och vu strateegeschen Investitiounen of. Dofir leet de Budget 2025 eng grouss Prioritéit op d'Mobilitéit a modern Infrastrukturen, Investitiounen an den Tram, an d'Stroossennetz, an d'Zuchverbindungen an an eng Mobilitéit, déi méi nohalteg a méi performant gëtt. Am Beräich vum Klima a vun der Energietransitioun ginn dëst Joer 2,7 Milliarde mobiliséiert, fir d'Ziler aus dem PNEC, dem Plan national intégré en matière d'énergie et de climat ze erreechen, dat mat engem Fokus op erneierbar Energien an op Innovatioun an dësem Beräich. Dofir brauch Lëtzebuerg e staarkt wirtschaftlecht Fundament a gläichzäitig mussen d'Grundlage fir déi sozial Kohäsion gestärkt ginn.

D'Reduktioun vun der Kierperschaftssteuer ëm ee Prozentpunkt wäert d'Attraktivitéit vum Land fir d'Entreprise weider héich halen, Aarbechtsplaze sécheren an nei Aarbechtsplaze schafen. Primmen a Steierkreditter fir Jonker, Frontaliere maache Lëtzebuerg méi kompetitiv um Aarbechtsmarché. Stéchwuert: Régime d'impatrié. Stéchwuert: Prime participative. Stéchwuert: Prime pour jeunes salariés.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir kommen aus eiser Zäit vu Polykrisen net richteg eraus. Déi Polykrisen hu sech am Joer 2023 mat engem Wuesstem an der Eurozon vu just 0,4 % moer geféelt. Dëst Joer, sou weisen d'Prognose vun der Europäescher Kommission, soll d'Eurozon och just ëm 0,8 % wuessen an d'nächst Joer ëm 1,3 %. Déi ugekënnegt 1,5 % fir Lëtzebuerg: Do si mer och nach net sécher, ob mer déi dëst Joer wierklech erreechen. Dëst sinn, am Verglach mat de Jore virun de Krisen, keng gutt Zuelen. D'Tendenz weist awer mat engem klengen Hoffnungsschimmer liicht no uewen. Ëmsou méi dréngend brauch et déi staark Visioun fir eist Land. Eis Staatsschold soll sech op 27,5 % vum PIB stabiliséieren, 26 % Staatsschold bis Enn 2028. An dat gëtt eis dee berüümte Sputt, vun deem heibannen nawell gär geschwat gëtt. Dat gëtt eis dee berüümte Sputt, fir antizyklisch kënnen ze investéieren. D'Dependé vum Zentralstat wuesse mat dësem Budget op 30,9 Milliarden Euro mat dësen Investissementen, déi mir hei zu Lëtzebuerg fir Lëtzebuerg maachen. Mir rechne mat Recetté vun 29,3 Milliarden. Domat geet den Defizit beim Zentralstat erof a kënnt bei ronn 1,3 Milliarden un, eng Differenz vun enger hallwer Milliard, wann een de Budget pluriannuel ufanks des Jores kuckt. An dat obwuel mir d'Investissementen ganz héich halen: 4,6 % vum PIB ginn investéiert a bis 2028 sollen et an der Moyenne 4,5 % sinn.

Dës Regierung ass ugetrueden, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze stäerken. An dat mécht se. Dës Budget ass Ausdruck vun enger nohalteger Finanzpolitik, enger Politik, déi all Mënsch mathält an den Akzent leet, fir dass mer den Zesammenhalt an eiser Gesellschaft

stärken. D'DP-Fraktioun ass frou, dass mer déi progressiv Sozialpolitik, déi mer mat eise Partner vun der LSAP a vun deene Grénge an deene leschte Jore gemaach hunn, net nëmme weitergefouert gëtt, mee och ausgebaut gëtt. An ech wëll ganz kloer soen: Och an deene leschten zéng Joer ass ganz vill zu Lëtzebuerg fir d'Aarmutsbekämpfung gemaach ginn.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Dat, wat mer hei maachen, ass keng Politik vum decken Hummer oder vum roude Stéft, wéi gesot gi war. Et ass och keng Mogelpackung an et ass sécher keng Politik vum kalen Häerz. Dozou wäert ech elo geschwë kommen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, gesellschaftlechen Zesammenhalt ass keng Selbstverständlechkeet an erlaabt mer kuerz op déi international geopolitisch Lag anzegoen, well och dës huet eppes mat eisem Budget ze dinn an och dës huet en direkten Impact op déi ekonomesch Situatioun zu Lëtzebuerg. Mir stinn als Land net nëmme virun enger Klimakris, mee mir stinn och viru ville geopolitische Krisen. D'Situatioun am Noen Osten an an der Ukrain schéngt sech net ze berouegen. Mir wëssen och net, op wat fir eng politesch Situatioun a Syrie mer eis mussen astellen. Déisäit vum grouss Pool an Amerika wäert den 20. Januar en neie President vereedegt ginn, deen eis Europäer ganz konkret mat Importtaxen drot. Hannert senger weiderer militärescher Ënnerstützung, wéi mer se bis haut gewinnt waren, steet och e grouss Fragezeichen.

Mee mir müssen net esou wäit siche goe fir ze gesinn, dass mer an enger Zäit liewen, wou villes onsécher ass. D'Regierung an Däitschland ass auserneegebrach. D'Koalitionspartner konnte sech net op e gemeinsame Wee fir d'Zukunft eenegen. Wann déi ekonomesch Situatioun schwéier gëtt, da kënnt et och oft beim Opstelle vum Budget zu Problemer. Nei wale sollen elo den 23. Februar Kloecheit bréngen. An awer heescht dat, dass mer déi nächst Zäit eis net wierklech kennen op e staark opgestallten Noper verlossen. Et wär wichteg fir eis an et wär wichteg fir d'Europäesch Unioun, wann de Motor Däitschland erëm géif usprangen an aner Länner géif matrappen. Ufanks des Mounts huet de franséische Premierminister missen no engem Vertrauensvott demissionéieren. Och dës ass no engem Budgetvorschlag geschitt, mat deem d'Parlament net d'accord war.

Wann et an de Länner ronderëm eis dës Onroue gëtt, sou bleiwe mir heiheem awer gréisstendeels dovunner verschount. An dës Stabilität ass dat, wat Lëtzebuerg ausmécht, a mir kënne se nëmme schätzen. Dës, Här President, ass awer keen Zoufall. D'Demokratesch Partei huet an deenen zwou Legislature virdrun, wéi och an dëser, ëmmer derfir gesuergt, Lëtzebuerg virunzebréngen, de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen an de sozialen Zesammenhalt hei am Land ze stärken.

**Une voix** | Richteg!

**Une autre voix** | Très bien!

(Hilarité)

**M. Gilles Baum** (DP) | Wa mir haut kennen déi Investissementen an d'Infrastrukturen, an d'Defense an an d'Energie maachen, majo, da war et, well d'DP an deene Jore virdrun ëmmer gekuckt huet, dass mir als Land finanziell gutt dostinn, mat engem finanzielle Polster, deen eis bei Krisen an Noutfäll et erlaabt huet, schnell a cibléiert ze reagieren. Jo, de Pierre Gramegna an d'Yuriko Backes hu mat enger virsiichtiger, awer nohalteger Finanzpolitik de Grondstee geluecht, op deem mir haut zu Lëtzebuerg kënne schaffen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | Wa mir haut kennen deenen Äermsten an der Gesellschaft weider mat dësem Budget ënnert d'Äerm gräifen, majo, dann ass et, well fir d'DP de sozialen Zesammenhalt nach ëmmer eng Prioritéit war. Wa mir eis et haut kennen erluben, mat ettleche Mesüeren de Logementssecteur ze relancieren, ma dann ass et, well d'Demokratesch Partei ëmmer gekuckt huet, d'Statsverschuldung niddreg ze halen, fir eebe grad dann, wann et néideg ass, op Steierrecetten ze verzichten an esou e Secteur erëm op d'Been ze bréngen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ville Leit zu Lëtzebuerg geet et gutt. Mee et gëtt och vill Leit zu Lëtzebuerg, deenen et net esou gutt geet, deenen et trotz Aarbecht schwéierfällt, déi zwee Enner um Enn vum Mount beieneen ze bréngen. Stéchuert: Working Poor. De Logement ass fir dës Leit oft dee gréisste Problem an e Facteur, deen den Aarmutsrisiko steigert. Jo, Logement an Aarmut gi leider Hand an Hand. An et ass d'Flicht vun der Politik, grad deene Leit, déi et méi schwéier hunn, ze hëllefen.

Loosst mech de Punkt vum Logement méi prezis erklären. D'Entwécklung vum de leschte Joren hunn eis gewisen, wéi sensibel dës Secteur vun der Konstruktioun op extern Facteur reagiert, besonnesch op d'Ännerunge vun den Zënssätz, déi d'Finanzierung vun de Wunnenge weesentlech beaflossen.

Mir wëssen alleguer, dass eise Konstruktionssecteur an der Kris ass. Dës sinn Aarbechtsplazen an der Konstruktioun selwer, mee och ganz vill Aarbechtsplazen, déi drunhänken. Et sinn d'Architekten, et sinn d'Usträicher, et sinn d'Daachdecker, et sinn d'Plätterchersleeër, et sinn d'Gipser, et sinn d'Leit, déi Kiche verkafen, an d'Lëscht geet weider.

Och wann d'Präisser liicht erofgaange sinn, sou hunn an deene leschte Joren awer héich Zënse et besonnesch schwéier gemaach fir jonk Leit, sech den Dram vum eegenen Haus ze erfüllen. Dofir hat d'Regierung d'lescht Joer scho reagiert, séier reagiert. Duerch de Bëllegen Akt kréien d'Leit, déi sech eng Éischtwunneng wëlle kafen, elo 40.000 Euro, an dat sinn 20.000 Euro méi, wéi dat normal de Fall war. An Investisseure kréien och 20.000 Euro.

Och um Taux d'amortissement accéléré hu mer geschrauft a mir hunn en erëm op 6 % op sechs Joer gesat, fir ze hëllefen, d'Vente en l'état futur d'achèvement, d'VEFA, erëm unzekuerbelen. D'Frais d'enregistrement sinn halbéiert gi vu 7 op 3,5 %, e weesentlechen Impakt op de Präis vun der Wunneng fir Leit, déi sech den Dram vum Eegeheim wëllen erfüllen.

Och de Quart-taux op der Plus-value ass ugepasst ginn. A mir sinn elo just gewuer ginn, dass dës Mesüeren am Budget 2025 virgesi sinn, an déi solle verlängert gi bis den 1. Juli. Ech mengen, dat ass eng ganz gutt Saach fir allegueren d'Leit, déi dobaussen um Logementmarché eppes sichen.

Mir beschränken eis awer net nëmme drop, Investissementen unzekuerbelen, mee eng wichteg Komponent an der DP-Politik ass, dass de Staat als Acteur méi agebonne gëtt, grad fir deene Leit en uerdentlechen Dag iwwert dem Kapp ze bidden, déi keen esou en décke Portmonni hunn.

De Ministère vum Här Claude Meisch, a senger Fractioun also fir de Staat, schafft aktiv mat de Bauhären zesammen, fir abordable Wunnraum ze schafen. Zesumme mat der SNHBM kann de Staat duerch de Bailleur social 20 Joer laang Privatterraine mobiliséieren an esou dorobber méi abordable Wunnraum schafen – dat an Héicht vun 218 Milliounen Euro.

D'Ausgabe fir de Spezialfong Abordable Wunnraum belafe sech op eng hallef Milliard, bis 2028 sinn et 2

Milliarden. 461 Milliounen si virgesinn, fir VEFAen opzekafen, an d'Gemenge kréien och duerch de Pacte Logement nach emol 117 Milliounen.

E puer Zuelen, déi den Här Meisch mer geliiwert huet a punkto VEFA, déi Zuele bezéie sech op den 2. Dezember: 269 Unitéite sinn dës Joer opkaf gi fir 165 Milliounen. 180 Unitéite sinn ënner Contrat de réservation fir 115 Milliounen. An 198 Unitéite ginn am Moment analyséiert. Déi Zuele variéieren ganz liicht mat den Zuele vum Här Finanzminister, well hie sech op d'Zuele vum 16. Dezember bezitt an ech mech op den 2.

Fir d'Locataire ze entlaaschten, ass och eppes gemaach ginn: De Bailleur an de Locataire deele sech an Zukunft d'Frais d'agence. E maximale Montant vun der Garantie locative geet vun dräi op zwee Méint erof. An de Loyer kann net méi wéi 5 % vum investierte Kapital sinn an och just all zwee Joer ëm maximal 10 % eropgoen. Dës si Mesüeren, déi den Investissement an de Logement solle relancieren, mee och de Leit hëllefen, déi op der Sich no enger Wunneng sinn.

2025 wäerte mer eis hei an der Chamber mat der Reform vum Logement abordable befaassen. Et geet drëm, méi, méi séier, an op der richteger Plaz ze bauen. Dat heescht no bei den Aarbechtsplazen an no beim effentlechen Transport. An dofir wäert och de Plan sectoriel „Logement“ an dës Besprechungen eng méi grouss Roll spillen.

Nom Réckgang vun de Logementspräisser gesi mer elo éischt Zeeche vun enger – ech géif soen – liichter, zaarter Erholung. Am zweete Quartal 2024 sinn d'Logementspräisser hei am Land ëm 1 % geklommen, wat dem Trend aus der Eurozon, plus 1,8 %, an Däitschland, plus 1,3 %, entsprécht.

Mir freeën eis natierlech net, wann de Logement méi deier gëtt. Mee, datt erëm Schwong an den Immobilienmarché kënnt, ass e gutt Zeeche fir d'Lëtzeburger Wirtschaft. Et ass e gutt Zeeche fir all déi Aarbechtsplazen, déi um Logement drunhänken an et ass e gutt Zeechen, wann de Staat erëm méi Recetten erakritt, mat deenen en herno erëm déi néideg Investissementen an de Logement hei zu Lëtzebuerg kann täten.

Här President, wann ech „Logement“ soen, da muss ech och nach eng Kéier „Aarmut“ soen, oder „Aarmutsgrenz“, well héich Loyerer derzou bäidroen, dass vill vun der Kafkraaft verluer geet. Och hei bréngt d'Demokratesch Partei neie Schwong mat: D'Subvention Loyer geet pro Kand vu 40 Euro op 80 Euro erop, also duebel esou vill, wéi dat de Fall war.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | An och wann den Här Finanzminister virdru ganz vill an exzellent Beispiller ginn huet, kommen ech net derlaanscht, der awer och e puer ze ginn. E Beispill vun der Subvention Loyer, dat awer ganz interessant ass: Eng Famill mat zwee Kanner an engem Akommes vu 70.000 Euro ka 440 Euro um Loyer bäikréien. Leider – leider! – froen awer nëmme 20 % vun deene Leit, déi kéinten an de Genoss kommen, déi Subvention Loyer och un. An do muss mer am Joer 2025 ganz grouss Efforte maachen. Ech wëll soen, dass déi Subvention Loyer, dat Beispill, dat ech Iech elo ginn hunn, degressiv erofgeet bis zu engem Akommes vun 100.000 Euro.

Kolleeginnen a Kolleegen, ech war laang genuch Schoulmeeschter an ech sinn och laang genuch an der Gemeng aktiv, fir ze wëssen, dass d'Aarmut vill Gesichter huet. Et sinn d'Kanner, déi an engem ganz haarden Émfeld opwuessen. Et si Seniore, déi isoléiert sinn. Stéchuert: Altersaarmut. An et sinn d'Famillen, déi trotz voller Wochenaarbecht mat hirem Akommes net iwwert d'Ronne kommen.



Den Entlaaschtungs-Pak, deen am Budget integréiert ass, an net méi spéit wéi d'lescht Woch gestëmmt ginn ass, ass net nëmmen eng Reaktioun op d'Präiserhéijung duerch d'Inflatioun, mee et ass eng kloer Noriicht un d'Bierger, dass mer keen am Ree stoe loosse.

No véier Upassung vum der Tabell vum Barème dëst Joer gëtt de Barème ufanks d'nächst Joer nach emol ëm 2,5 Indextranché gehuewen, wat d'Steierlaascht vum de Stéit weesentlech reduzéiere wäert.

Fir de Staat sinn et allerdéngs 300 Milliounen manner Recetten, mee et bedeit méi Netto vum Brutto fir d'Stéit hei am Land. Et sinn op zwee Joer gekuckt an der Moyenne 16 % manner Steieren, a meng Noriedner wäerte sécher drop agoen, dass den Energiepräisdeckel ewechgefall ass a beim Stroum op 30 % erofgeet.

Och d'Upassung vum der Steuerklass 1a gëtt hei gemaach, fir elengerzéiend Leit steuerlech ze entlaaschten. De Steierkredit fir Elengerzéiend souwéi de maximale Betrag fir Steierbefreiung ginn ugepasst. Hei verzicht de Staat all Joer op 75 Milliounen Euro.

Och hei e Beispill: Kommt, mir huelen en Elengerzéiende mat 50.000 Euro brutto. Deen huet d'lescht Joer 2.888 Euro Steiere bezuelt. Mam erhéichte Steierkredit muss déi Persoun d'nächst Joer guer keng Steiere méi bezuelen a kritt esouguer nach 614 Euro méi eraus.

Eng Famill mat zwee Kanner an der Steuerklass 2, e Bruttogehaltskommes vu 75.000 Euro, bezilt am Joer 2025 4.024 Euro Steieren. Dat sinn der 694 manner wéi dat Joer virdrun. Eng selwecht Famill mat engem Bruttogehalt vun 125.000 Euro bezilt d'nächst Joer 16.358 Euro Steieren. Dat sinn der 2.793 manner wéi 2023. An och e Celibataire, dee bis zu 75.900 Euro brutto am Joer verdéngt, bezilt d'nächst Joer 748 Euro manner Steieren. Et ass also ganz kloer mat dësem Entlaaschtungs-Pak méi Netto vum Brutto!

9 % vum Budget ginn un de Familljeministère vum Minister Max Hahn. Mat den zougewisenen 2,6 Milliounen Euro (veuillez lire: 2,6 Milliarden Euro) kann den DP-Familljeministère déi Leeschtunge liwweren, déi sou wichteg si fir eis Gesellschaft. Méi wéi d'Hallschent, genau 58 %, fléissen a Sozialleeschtungen, e Montant vun annerhallwer Milliard. 500 Milliounen fléissen an de Fonds national de solidarité, den FNS, vun deem d'Hallschent an de REVIS geet. Fir de Moment profitéieren 10.400 Leit vum REVIS an et gëtt sech erwaart, dass der d'nächst Joer 500 derbäikommen.

Dofir sinn och 17 Milliounen am Budget virgesinn, fir d'Mesüren aus der Tripartitt ronderëm de REVIS an d'Akomes fir schwéierbehënnert Leit ëmzesetzen. De Crédit d'impôt geet vu 84 op 90 Euro erop an e gëtt perenniséiert, dat heescht dass d'Leit sécher sinn, dass se déi 90 Euro an Zukunft all Mount kënnen matarechnen.

D'Ekippen aus den 30 Offices sociaux hei am Land gi weider verstärkt. 23 nei Assistant-sociale ginn agestallt, fir d'Gemengen ze ënnerstëtzen, fir de Leit an enger prekärer Situatioun ze hëllefen an och eppes fir si um Wunnengsmaat ze fannen.

D'Mëttel vun der Wanteraktioun ginn d'nächst Joer ëm 11 % an d'Luucht. A gläichzäiteg sinn iwwer 6 Milliounen virgesi fir Hëllef fir déi Organisatiounen, déi de Leit hëllefen, déi keen Daach iwwert dem Kapp hunn.

Mir wëllen do nobesseren, wou et am meeschte gebraucht gëtt. An dofir gëtt ab dem 1. Januar och de Mindestloun an der Steuerklass 1 steuerfräi. Den onqualifizéierte Mindestloun klëmmt ëm 2,6 % op 2.638 Euro.

Den Challenge bei der Aarmutsbekämpfung ass awer dat, dass d'Aiden oft net do ukommen, wou se gebraucht ginn. Ze oft muss een déi selwecht Dokumenter erareeche. Ze oft ass d'Offer onkloer, oniwiersichtlech. Verschidden Aïd gi bis zu 80 % net beusprocht. Mir féieren elo mat engem Investissement vun 2 Milliounen Euro de Guichet social unique an, wou d'Leit just eng Kéier mussen hir Donnéeën eraginn an da kloer berode ginn, fir wat fir eng Aïd si a Fro kommen. Eng eenzeg Ulafstell, de Once-Only, bréngt neie Schwong och an de soziale Secteur.

D'Madamm Stéphanie Obertin huet d'Gesetz zum Once-Only deposéiert. An doriwwer freeë mir eis als DP-Fraktioun.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Gilles Baum (DP) |** Geplangt ass och en nationalen Aktionsplang zur Aarmutsbekämpfung, wou de Familljeministère zum Beispill eng automatesch Ausbezuung vun den Allocatiounen uviséiert. Ab dem 1. Januar geet och d'Allocation de vie chère ëm 10 % an d'Luucht. E Stot mat véier Leit an engem Maximum vu 5.692 Euro brutto kritt dann am Joer 3.182 Euro ausbezuelt amplaz bis elo 2.891. Och déi Primus soll iwwert de Guichet social unique automatesch ausbezuelt ginn. Gradewéi d'Energieprimme fir déi Leit, déi eng Allocation d'inclusion kréien, och soll automatesch ausbezuelt ginn.

Vill Iddien, déi, wann ech mech richteg erënneren, bei der DP 2023 am Walprogramm stoungen.

Och hei e Beispill zur Energieprimm, déi jo verdräifacht gëtt: E Stot mat véier Leit a maximal 7.100 Euro brutto kann 1.050 Euro ufroen. Am Moment sinn et der just 350.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, beim Kampf géint d'Aarmut kennt een och séier bei d'Energie. Den Ugrëffskrich op d'Ukrain mat enger rapid steigender Inflatioun huet eis Energieofhängegkeet an de leschte Jore méi wéi kloer dokumentéiert.

D'Demokratesch Partei huet ëmmer drop gehalten, de Betriber an de Bierger an der Energiefro zur Säit ze stoen. Ofgesi vum Stroumpräis hunn d'Energiepräisser sech op de Marchéen zum gréissten Deel erëm kënnen berouegen. Dofir si mir zu Lëtzebuerg mat dat eenzeg Land, dat och d'nächst Joer nach en Energiepräisdeckel um Stroum huet. Mir intervenéieren hei als Staat däitlech méi wéi aner Länner.

Kolleginnen a Kollegen, dëse Phasing-out vum Energiepräisdeckel kascht de Staat net näischt. 171 Milliounen sinn dofir am Projet de loi virgesinn. Mir als Demokratesch Partei gesinn doranner gutt investéiert Suen, déi an der breeder Gesellschaft fir finanziell Entlaaschtung suergen.

**Une voix | Très bien!**

**M. Gilles Baum (DP) |** Déi sozial schwach Stéit ginn nach méi staark ënnerstëtzt, wéi et d'lescht Joer de Fall war. Eng erhéichten Energieprimm fir e méi breede Krees u Beneficiairen an en erhéichte Crédit d'impôt énergie hëllefen de Leit, hir Stroumrechnungen ze bezuelen.

D'Energieprimm gëtt, wéi ech gesot hunn, verdräifacht. Si klëmmt vun 200 op 600 respektiv vu 400 op 1.200 Euro am Joer. An dat bis zu 30 % iwwert dem Plaffong vun der Allocation de vie chère. Eng prezis a sozial gesteierte Mesür, well se jo degressiv gräift.

Déi sozial Strukture gi bei der Energiepräisdeierecht och ënnerstëtzt, an zwar mat 6,6 Milliounen Euro am Budget, dat och hei, fir d'Käschte vum Stroum, souwäit et geet, ze deckelen, ze neutraliséieren. D'Altersheemer ginn domadder incitéiert, hir Präisser stabil ze halen.

Fir d'DP soll keen op d'Notze vun de Basisgidder wéi dem Stroum verzichten. Jo, d'Demokratesch Partei steet fir Kompetitivitéit, si steet fir de Standuert Lëtzebuerg. Den Triple-A ass wichteg, mee och, dass et de Leit, déi hei liewen, gutt geet, gradewéi eis Demokratie an eise sozialen Zesummenhalt. All dëst si liberal Valeuren. An all dës liberal Valeure probéiere mir mat der Gestaltung vun dësem Budget héichzehalen.

Kolleginnen a Kollegen, Aarmutsbekämpfung fänkt an de Schoulen un. An dofir begréisst d'DP-Fraktioun ausdrécklech, dass och de Budget vum Här Meisch an der Éducation nationale ëm 8 % eropgeet, dat, fir a ganz divers Felder ze investéieren – ech huelen der just e puer eraus –: an d'Digitalisatioun, an d'Aarbecht mat de Kanner, déi et méi schwéier hunn, ze léieren. Chancëgläichheet ass ons wichteg. Och Investissementen an déi international Schoulen a geschwënn och d'Alphabetisatioun op Franséisch droen zur Chancëgläichheet bäi, droen zur Reussite an der Schoul bäi an droen och laangfristeg zur Aarmutsbekämpfung bäi, och wann anerer heibannen dat anescht gesinn.

Ech widderhuelen nach eng Kéier, och de Chèque-service accueil mat 804 Milliounen entlaascht däitlech de Portmonni vun de Famillje mat Kanner.

**Une voix | Très bien!**

**M. Gilles Baum (DP) |** Här President, ech kommen zrëck zu eise Wäerter, zu eise Valeuren, déi leider keen Acquis sinn. An enger Zäit vu wuessender internationaler Onsécherheet, wou d'Fundamente vum dem multilaterale System a Fro gestallt ginn, wou d'internationalt Recht mat Féiss getrëppelt gëtt, sinn d'Stabilitéit an d'Sécherheet vu Lëtzebuerg a vu senge Partnerlänner eng absolutt Prioritéit. Déi russesch Aggressioun géint d'Ukrain huet eis all un d'Realitéit erënnert, dass Friden a Sécherheet keng Selbstverständlechkeet sinn.

Lëtzebuerg als ee vun de Grënnungsmembere vun de Vereenten Natiounen, Grënnungsmember vun der NATO, Grënnungsmember vun der Europäescher Unioun dréit aktiv derzou bäi, déi euro-atlantesch Verdeedegung ze stäerken. Um NATO-Sommet zu Washington am Juli 2021 huet Lëtzebuerg, representéiert duerch d'Madamm Backes, wéi am Koalitionsaccord festgehalte versprach, seng Investissementen bis 2030 op 2 % vum RNB, vum Revenu national brut eropzeschrauwen. Bis 2028 solle mer op 1,66 % klammen. Ech weess an ech kann och verstoen, dass net all Mënsch heibannen déi Meenung deelt. Mir als Demokratesch Partei stinn awer hei voll hannendrun.

Ech hat d'Chance, zesumme mat der honorabelen Deputéierter Nancy Kemp-Arendt a mam honorabelen Deputéierten, mengem Kolleg Georges Engel, op enger Missioun vun der NATO déi fréier Buergermeeschtesch vun Athen kennenzelieren, déi och déi éischt Ausseministesche war, d'Madamm Theodora Bakogianni. A si huet eis an hirem Exposé eppes gesot, dat bei mir hänke bliwwen ass. An zwar huet se gesot: „The cost of readiness is much lower than the price of not being prepared.“ Dëst Zitat ëmschreift, mengen ech, ganz gutt d'Situatioun, an där sech d'NATO-Länner am Moment befannen.

A spéitstens säit der Visitt vun der Delegatioun vum US-Kongress, déi mer de leschte Weekend empfaangen hunn – an eng Rei Kollegen, déi heibanne sinn, waren do derbäi –, wësse mer, dass mer eise Verpflichtungen elo séier nokomme mussen an déi 2 % mussen upeilen. Hire Message heibannen an der Chamber war op alle Fall méi wéi kloer.

Fir dëst Zil ze erreechen, prioriséiert de Budget 2025 weider Investitiounen an d'Capacitéit vun der Arméi

mat modernem Ekipement an neie strateegesche Projeten am Beräich Cybersecurity, am Spaceseक्टर an awer och an der medezinnescher Ennerstëtzung.

Och droe mir mat dësem Budget zu Synergjé mat anere Secteure bäi. Déi geplangt Projete solle positiv wirtschaftlech a sozial Effekter op Lëtzebuerg selwer hunn. Et gëllt, net mat der Géisskan iwwert d'Land ze fueren an an d'Näischt ze investéieren. Nee, d'Verdeedegungsministesch Yuriko Backes huet och hei eng positiv Entwécklung vum Land kloer am Viséier.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | A wann ech soen, dass eng kärliberal Valeur Demokratie ass, ma da mussen mer och solidaresch si mat Länner, déi fir hir Wäerter, fir europäesch Wäerter, fir eis Wäerter attackéiert ginn. D'Solidaritéit mat der Ukrain ass fir eis evident a mir als Demokratesch Partei sti weiderhi fest hannert dem ukrainesche Vollek.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | De Budget 2025 bréngt och an der Defense en neien Opschwung mat 80 weidere Milliounen fir d'militäresch Ennerstëtzung fir d'Ukrain, well mir der Meenung sinn, dass Fräiheet an Demokratie mussen verdeedegt ginn, dass Fräiheet an Demokratie e Präis hunn. Als Deel vun der EU a vun der NATO setzt sech Lëtzebuerg fir eng verstärkte Verdeedegungs-köperatioun tëscht de Memberstaaten an, fir eng kollektiv Sécherheetspolitik, déi eis all schützt. D'Investitiounen an eis Verdeedegung sinn net nëmmen en Deel vum internationalen Engagement, se sinn och en Invest an d'Sécherheet an an d'Stabilitéit vun der Lëtzeburger Bierger. Mat dësem Budget dréit Lëtzebuerg säin Deel zu enger méi sécherer a méi stabiller Welt bäi, während et seng eege Capacitéiten an der Verdeedegungskraaft zukunftsorientéiert op all Niveau stäerkt. Mir mussen mat der Zäit goen, an nei Technolgieën investéieren an innovativ bleiwen.

Här President, innovativ bleiwen: Ech kommen zur Innovation. D'Innovation bréngt och ëmmer e groussen Émschwung mat sech a mir liewe grad, mir si grad voll dran. An enger Welt, déi ëmmer méi vun der Digitaliséierung an och vun der Kënschtlecher Intelligenz gepräagt ass, huet Lëtzebuerg säi Rôle als Innovationszenter a Standuert fir digital Transformatioun fest am Bléck. De Budget 2025 ënnersträicht dës Fokus, andeems e substanzuell an d'Digitaliséierung investéiert. De Budget vum Digitaliséierungsministère geet ëm 7 % an d'Luucht fir 272 Milliounen Euro ze erreechen. „Innovative Initiatives“, déi aus dem Digital Lëtzebuerg ervirgaangen ass, ass e Kärstéck vun eiser Strategie. Fir jiddweree mat op de Wee vun der Digitalisatioun ze huelen, si gezielt Formatiounsprogrammer virginn. Och brauche mer e legale Kader, deen Innovation a Sécherheet net nëmme kombinéiert, mee och garantéiert.

Dës Budget garantéiert, dass dës Mesuren net nëmmen abstrakt Konzepter bleiwen, mee konkret Aktiounen ausléisen, déi positiv Auswierkungen op eis Bierger an op eis Entrepreneuren hunn. Eng ëffentlech Verwaltung, déi méi séier a méi effizient schafft, ass och e Facteur vun Attraktivitéit fir de Standuert Lëtzebuerg. An do wäert d'Kënschtlecher Intelligenz eis mat Sécherheet och hëllefriich sinn. D'Strategie „Gouvernance électronique 2021–2025“ gouf entwéckelt, fir den Iwwergang zu engem modernen, digitale Staat ze erméiglechen. An zesumme mat der DP-Ministesch fir d'Digitalisatioun, dem Stéphanie Obertin, gëtt dat och dës Joer ëmgesat.

Eng DP-Iddi, fir MyGuichet progressiv zum zentralen digitale Portal fir d'Bierger an d'Entrepreneuren ze maachen, gëtt ausgebaut. Prinzippié wéi „once only“, „digital by default“ oder Interoperabilitéit garantéieren,

dass d'Servicer net nëmmen notzerfrëndlech, mee och sécher a fair sinn. Eleng fir de Once-Only huele mer dës Joer nach eng Kéier 8,7 Milliounen an de Grapp. Dës stellt sécher, dass all d'Bierger Zougang zu qualitativ héichwäertge Services kriënen, onofhängeg vun der individueller digitaler Kompetenz. Och hei kënnen mir erëm d'Bréck schloen zum Logement. D'Moderniséierung vun de Systemer, fir d'Logements-aiden unzefroen, interconnectéiert mat Plattformen wéi MyGuichet erlaabt eng effizient an transparent Ennerstëtzung fir jiddereen.

Kolleginnen a Kollegen, meng Interventioun wär net komplett, wann ech net awer och d'Santé géif beliichten, well eng gutt Gesondheet ass onbezuelbar. Fir e gudd Gesondheetssystem muss ee vill Suen an de Grapp huelen. Ganzer 5,8 Milliounen (veuillez lire: 5,8 Milliarden) Euro kaschten d'Santé an d'Sécurité sociale d'nächst Joer de Lëtzeburger Staat. Modern Infrastrukturen, Digitalisatioun, attraktiv Gesondheetsberuffer si wichteg Bestanddeeler, fir vun engem qualitativ héichwäertge Gesondheetssystem ze profitéieren, a gehéieren natierlech och 2025 zu de Prioritéiten vun der Demokratescher Partei.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Baum** (DP) | De Santésbudget zeechent sech aus duerch héich Investissementen an déi nei Spidolsinfrastrukturen an d'Virundreiwe vun der Digitalisatioun. Besonnesch wichteg ass awer och, dass genuch Budget fir aner Sujete virginn ass, zum Beispill d'Santé mentale, d'Preventioun an och d'Schoulmedezinn. Et ass wichteg, dass nom Budget hei och konkret politesch Aktiounen nokommen. Preventioun muss den Haaptpilier vun eise Gesondheets-system ginn. D'Sensibiliséierungscampagnen eleng ginn do net duer. Reegelméisseg Gesondheitsbilanzen an eng Revalorisatioun vun de Kannerdokteren an de Generalisten hire Karrière gehéieren dozou. An dat steet och esou am Koalitionsaccord.

A während ech natierlech begréissen, dass d'Cours de premiers secours en santé mentale weider solle gefouert ginn, däre mer net vergiessen, dass den Accès zur psychescher Hëllef fir vill Leit, virop Jonker, nach ëmmer ganz schwier ass. Eng Revalorisatioun vum Beruff vum Psychiater, awer och eng besser regional Offer mussen do séier ugepaakt ginn.

D'Démographie médicale, Stéchuert: Rapport Lair. Mir mussen eis deen ëmmer erëm virun Ae féieren, fir genuch Infirmieren, Infirmiären, Aide-soignanten ausbilden an hinnen och eng attraktiv Offer kënnen ze bidden, éischters emol, fir Stagen ze maachen, an zweetens emol herno am Beruff. Dat gëllt awer och fir déi Dokterinnen, déi hir Ausbildung am Ausland maachen. A mir wëssen, dass e ganz groussen Deel vun deenen herno net méi heem kënnen. Mir mussen derfir suergen, och deenen Dokterinnen en attraktiv Angebot hei zu Lëtzebuerg ze maachen. Mir mussen an deem dote Punkt géigesteieren an nei attraktiv Impulser schafen.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech hat der Madamm Bofferding gesot, si kéint ëm hallwer Zwielef schwätzen, dat geet esou richteg gutt eraus haut.

Mat der neier Regierung krute mer als Demokratesch Partei och en neit Mandat. Dofir ass dës e Budget, dee mat Wäitsicht a mat Verantwortung ausgeschafft gouf. E setzt déi richteg Prioritéiten fir d'Bierger hei am Land, fir d'Zukunft vum Land an e garantéiert Stabilitéit an de Finanzen. D'DP-Fraktioun ass der Meenung, dass mir mat der Hëllef vun dësem Budget net nëmmen déi Sozialpolitik duerch déi sëllege Mesuren, déi ech genannt hunn, kënnen weider garantéieren, mee dass mer eist Land och prett a fit maache fir d'Zukunft. Dës ass e Budget vu Lëtzebuerg, deen

dem Land Schwung gëtt, an e Budget, fir eist Land an eis Gesellschaft méi gerecht, méi fair a méi nohaltig ze gestalten.

Kolleginnen a Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, et wäert Iech net iwwerraschen, wann ech Iech elo soen, dass d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei dës Budget wäert stëmmen.

*(Interruptions diverses)*

An et wäert Iech nach manner iwwerraschen, Kolleginnen a Kollegen, dass mäi Fraktiounskolleg, den André Bauler, a senger Interventioun allegueren déi Beräicher wäert beliichten, op déi ech elo net agaange sinn.

Ech soen Iech Merci, fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen** (DP) | Richteg gutt!

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler**, Président | Voilà. Merci, Här Baum. An déi nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Taina Bofferding.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Madamm Bofferding, et ass un Iech.

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Här President, léif allegueren, och ech wëll mat engem Merci ufänke fir jiddereen, deen um Budget matgeschafft huet. Och wann een inhaltlech net ëmmer alles deelt, esou wësse mir och, dass ganz vill Zäit an Energie dragegach gëtt. Dat verdéngt Unerkennung och vun der Oppositioun. E Merci och un d'Madamm Rapportrice fir hiren ausféierlechen Exposé iwwert d'KI gëschter. Ech hu mer duerno Gedanken gemaach, ob ech och soll nach méi detailléiert op d'Theema agoen, well et ass e wichteg Theema, dat och Opmierksamkeet verdéngt huet. An den Här Polidori wäert nach haut d'Demande maache fir eng Interpellatioun, wou mer dann nach eng Kéier richteg Zäit hunn, eis mam Theema auserneezen, well sech awer nach eng Rëtsch Froe stellen. Mee esou ass et de Moment, dat eeben nach eng Kéier intensiv unzegoen. Ech wäert mech eeben elo a menger Interventioun méi op de Budget konzentréieren. Ëmmerhin ass et jo awer dat Gesetz, wou mer no den Debatte sollen driwwer ofstëmmen.

De Budget ass net fir näischt dat wichtegst Gesetz vum Joer. De Budget ass méi wéi just nëmmen d'Opléschung vun Zuelen, vu Vergläicher, vu Provisiounen, vu Budgetartikelen, déi e bësse geréckelt ginn. D'Finanzpolitik ass virun allem och Gestaltungspolitik. E Minister, deen am Budget keng Moyenen huet, dee ka wéineg ëmsetzen. De Budget ass och en Ausdrock vun deem, wat eng Regierung wëlle huet, ëmsetzen.

Et ass de Budget, wou abseits vun de Sonndesriede kloer gëtt, wou d'Rees soll higoen, wéi eng Projete finanziéiert ginn, wou politesch Akzenter solle gesat ginn. An am Budget gesäit ee virun allem och, wéi ambitiéis eng Regierung ass, wat se sech eebe virgëtt, fir kënnen ëmsetzen.

An do ass awer och meng kleng Kritik um Exposé vun der Madamm Cahen gëschter, well an dësem Budget, Madamm Cahen, liese mer eebe justement net eraus, wou der gëschter vun der grousser KI-Strategie geschwat hutt, well déi 6 % méi Budget fir den CTIE sinn net den Ausdrock vum Wëllen, fir esou eng Strategie mat Liewen ze fëllen. Mee ëmsou méi freeë mer eis dann elo, dass d'Aarbechten an där zoustänneger Kommissioun dann endlech wäerte richteg lassgoen an dass all déi Sujete vun der Madamm Obertin wäerten do gepusht an opgeschafft ginn. A bis dohinner bewäerte mer eeben net den Exposé, mee eeben dat, wat am Budget drasteet.



An deem ass dofir och esou interessant, well et den éischten Entwurf ass, deem ënnert dem Lead vun der CSV-DP-Regierung ausgeschafft gouf. An do muss ech soen, do war ech e bësse paff, Här Roth, beim Depot vum Budget, an ech zitieren Iech: „Dese Budget ass och Ausdrock vun enger responsabler, vun enger nohalteger Finanzpolitik. Duerfir keen negative Schiéereffekt wéi an deene lescht Joren, nee e positive Schiéereffekt, vläicht schonn dës Joer, sécher am Joer 2025.“ Wann een dat esou héiert, da géif ee mengen, dat wär elo effektiv Äre Verdéngscht. Dobäi sinn awer déi Recetten elo net massiv geklomm, well Der deemtspriechend politesch Mesüre geholl hutt. Nee, den CSV-Fraktionspresident huet scho selwer ugedeit, dass déi Recettë geklomm sinn aus dem einfache Grond, well e puer Entrepreneuren, déi während der Pandemie vill verdéngt hunn, elo d'Steieren aus deene Jore bezuelt hunn. Et sinn also reng ekonomesch Plus-valuen aus deene Joren, déi mer elo am Budget erëmfannen. An natierlech – dat wëll ech och ënnersträichen – ass et gutt, dass mer déi ronn 700 Milliounen elo an d'Keess eragespullt kréien. Mee – an dat wëll ech wierklech nach eng Kéier preziséieren – dat ass net op politesch Mesüeren zréckzeféieren, och wann dës Regierung sech dat gären op de Fändel schreift.

Mee wat awer wierklech interessant ass, dat ass d'Fro hannendrunner: Wat geschitt dann elo mat deene Recetten? Wou sollen déi Suen dann elo investéiert ginn? Dofir kucke mer eis emol un, wat Är Handschrëft an deem Budget dréit. Schliisslech soll d'Regierung un deem gemooss ginn, wat se wëlles huet, ëmzesetzen, respektiv wat se dann och schlussendlech ëmsetzt. An ech wäert a menger Ried och elo net all Ressort opzielen, op all eenzelne Punkt do agoen, mee haaptsächlech déi erauspicken, mat deene mir manner averstane sinn.

En éischte Constat ass deem, dass d'Ambitiounen, fir eppes ze gestalten, an der Tendenz éischter zréckgefuert ginn. Villes, dat mer hei fannen, ass d'Verwalte vum Bestoenden. An ech hunn et virunner scho gesot: Verwalten ass net gestalten. Eng reng Verwaltungsvue geet net duer, fir Lëtzebuerg op d'Erausfuerrunge vu muer an iwwermuer ze preparéieren. Grad beim Opstelle vun engem Budget huet een eng Responsabilitéit, net nëmme fir dat kommend Joer, mee virun allem och, fir déi nächst Generatiounen ze preparéieren. Déi zwou viregt Regierungen hu versicht, op en anere Wirtschaftsmodell hinzuschaffen. Et war e Bewosstsinn do, dass mer eise Modell stéckweis upasse mussen. Och d'CSV, wéi se an der Opposition war, huet nach deem do Gedanke gedeelt. Villes konnt een natierlech dovunner kritiséieren. Ech mengen, dat ass ëmmer, wann een nei Pisten opzechent, dass een déi diskutéiert. Mee zumindest gouf dru geschafft an et goufen d'Pisten opgezeechent. Mir gesinn, dass déi Aarbechten awer elo verluer ginn, ouni datt alternativ Zukunftsmodeller amplat kéimen. Dir maacht eng Navigation à vue, ouni ze wëssen, wou et higeet.

An deem Budget gëtt et keen Szenario, wéi eis Wirtschaft sech weiterentwéckele soll. Mir kënnen eis awer net op eisen Acquisen ausrouen, well alles ass am Wandel. Dat internationalt Steuerëmfeld, zum Beispill, vun deem eis Finanzplaz ofhänkt, huet sech an deene leschten 10, 15 Joer dramatesch geännert. D'Dekarbonisatioun an den Erhalt vun eiser Ëmwelt bestëmmen ëmmer méi déi ekonomesch Aktivitéiten, mee och déi demografesch Evolutioun, d'Migratiounsflëss, d'Autonomie vun Europa an d'Kärlemer vum eiser Ekonomier. Iwwerall do sti mer virun enormen Erausfuerrungen. All Land muss do kucken, wéi seng kompetitiv Avantagen a Schwächte sinn. Och mir sinn do keng Ausnam.

An den Aarbechte vu „Luxembourg Strategie“, virdu Rifkin-Etüd oder och „Luxembourg in Transition“, goufen iwwert déi lescht Joren, wéi ech scho gesot hunn, interessant Pisten ausgeschafft. Dozou zielt de Fokus op gréng Technologien – Cleantech –, nohaltegt a moduläert Bauen oder och d'Energietransitioun bis 2050. Bref, den Detail kënnt Der gären nokucken an deenen Aarbechten, déi virléien. Et wär wierklech e Versäumnis – an dat ass mäi Punkt –, wann déi Aarbechten einfach géifen am Tirang landen an net méi dovunner géif profitéiert ginn. Lëtzebuerg dierf net erëm an en Dornröscheschlof verfallen, wou d'Konsequenze vum Wuesstum verwalt, mee keng Zukunft gestalt gëtt. Oder fir et an Äre Wieder, Här Roth, auszudrécken: Dir huet Kurs op muer, mee et felt de Kurs op iwwermuer!

Här President, déi feelend Gestaltungsambitioun gesi mir och ganz kloer an anere Beräicher wéi beim Probleemkand Nummer 1, der Logementspolitik. Dobäi ass de Logement zentral fir esou vill Beräicher vun eiser Politik: d'Aarmutsbekämpfung, d'Demografie, d'Talentattraction, d'Wirtschaft. Feelend Ambitiounen kann u sech kee sech méi leeschten. D'Simplification administrative ass als Äntwert och ganz wonnerbar. Och mir ënnerstëtzen Iech doranner. Mee et geet awer net duer. D'Problemer ginn net un der Wuerzel ugepak. D'Logementskris vergeet net, well elo d'Gültigkeet vun de Baugeneemegunge vun engem op zwee Joer eropgesat ginn.

D'Regierung huet virun zwou Wochen nach eng Kéier Mesüeren am Logement annoncéiert, déi elo sollte verlängert ginn, wou nach eng Kéier de Finanzminister virunner drop agaangen ass. Et ass schonn e bëssen erstaunlech, dass déi Mesüeren zéng Deeg virum Vott vum Budget komm sinn. Et ass jo net, wéi wann déi Mesüeren näischt géife kaschten. Mir fannen et e bësse speziell, dass dat elo vum Timing net grad esou opgeet. A virun allem fannen ech et och ganz speziell, well de Finanzminister bei der Presentatioun vum Budget nach selwer gesot huet, dass déi Mesüeren, déi jo grad de Bau sollen ukuerbelen, eigentlech net géifen esou gräifen. Mee elo gi se verlängert. Eng Logik, déi ech net esou ganz kann novollzéien. D'Verlängerung vun dese Mesüre weist och, dass Der de Logementsproblem net wierklech, spréich strukturell, wëllt ugoen. Dir setzt léiwer iwwerall e bësse bäi: Zum Beispill geet de Bëllegen Akt ëm 10.000 Euro an d'Luucht. Dat kascht de Staat ronn 40 Milliounen. Dir erhéicht d'Ofsetzbarkeit vun de Scholdzënsen um Immobilienprei ëm een Drëttel. An hei verzicht de Staat op weider 45 Milliounen. Dat si ganz vill Milliounen, déi Der ausgitt, wou Der net genau wësst, wat herno den Impact ass respektiv ob se och herno deen Effekt bréngen, deen Der Iech eigentlech heimat gitt.

Den Här Fayot huet virunner, wéi den Här Spautz d'Fro stellt huet, schonn op den Avis vun der BCL higewisen, wou si ganz kloer soen – an ech mengen, si bezéie sech net nëmme op déi temporär Logementsmesüeren –, dass déi Politik, déi am Moment bedriwwen gëtt, antikompetitiv an antisozial ass an dass se sécherlech net dozou bäidréit, dass de Logement nach méi abordable gëtt. An dofir brauche mer jo grad am Logement e Paradigmewiessel, dee mer an der leschter Regierung schonn ugefaangen haten, wou de Staat eebe méi an de Marché agräift a wou de Staat – an ech mengen dat ass déi grouss Differenz – och selwer Acteur gëtt.

Mir hunn d'Handbrems gezunn, andeems mer massiv an den abordable Wunnengsbau an an d'Locatioun investéiert hunn. A mir hu Mesüeren géint d'Spekulatioun a géint de Leerstand op den Instanzewege geschéckt. Ech ka mech ganz gutt drun erënneren, wéi mer fénnef Joer laang vun der CSV hei gejoet gi sinn. Et

géif net schnell genuch goen, et misst alles méi séier viruoen. Ech stellen trotzdem elo fest, dass ee Joer, wou d'CSV am Amt ass an och déi Ministère besetzt ... An et ass net, Här Spautz, wéi Der mer ëmmer wëllt reprochéieren, dass d'Reform vun der Grondsteuer a Mobiliséierungssteuer just virun de Walen deposéiert gi wär. Nee, well den Avis vum Staatsrot läit scho ganz laang vir a wéi gesot, et ass ee Joer vergaangen, wou weeder den Avis vum Staatsrot nach d'Amendement an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert gi sinn. Entweder ass et absolutt keng Prioritéit méi fir dës Majoritéit oder si stellt awer fest, dass et net esou evident ass, wierklech fundamental Gesetzer nei ze schreiwen. Well et ass richtig: Eng Grondsteuer nei opzestellen ass weesentlech méi komplizéiert wéi Baugeneemegungen ze verlängeren.

Här President, wa schonns bei deem Dossier, der Suerg Nummer eent hei am Land, d'Ambitiounen feelen a wirtschaftlech Projektiounen, déi iwwert eng reng Verwaltung vu kuerz- a mëttelfristege Mesüeren sollen erausgoen, an Tirang verschwannen, da kann eis dat fir d'Zukunft net positiv stëmmen. An ech mengen, dat ass dee gréisste Manktem vun dëser Regierung: dass se op haut a muer fokusséiert ass, op d'Produktivitéit, op d'Kompetitivitéit, mee net weess oder net wëlles huet ze wëssen, wou mer an 10, 20, 30 Joer wëllen higoe respektiv wéi mer an deene kommende Jore wëlle liewen.

Mir fannen dës och eng beschränkte Vue, well – an dat muss ech Iech awer soen – Der an Ärer Approche trotzdem konsequent sidd. Fir d'Firma Lëtzebuerg produktiv ze halen, gëllt Business First. An dëser Firma sinn d'Rechter vun de Salariéen net déi éischt Suerg. Ech mengen, dat huet den Aarbechtsminister, deen och hei ass, méi wéi eemol bewisen. Stéchuert: de Kollektivcongé gëtt a Fro gestallt. E Projet fir d'Sonndesaarbeitsverlängerung gëtt deposéiert, ouni dass en Avantage fir d'Salariéer virgesäit. D'Gewerkschafte gi virun de Kapp gestouss, well d'Kollektivvertrag ouni si verhandelt oder ëmdefinéiert solle ginn. De Business First, wéi ech gesot hunn, do ass d'Regierung ganz konsequent.

De Business First gesäit een och ganz gutt am Logement. Är Mesüre solle Schwong an de private Marché bréngen. Gläichzäitig investéiert Der manner wéi am Pluriannuel 2024 bis 2027 virgesinn an de Spezialfong fir den abordable Logement. Dofir, och wann Der sot, dass Der d'Montanten eropsetzt, dass der pro Joer bäikommen, ass et trotzdem weesentlech manner wéi am Pluriannuel. Do misst een och vläicht e bësse méi éierlech sinn, wann ee seet, dass ee méi wëllt investéieren. Mee dofir si mir jo do, fir dat ganz genau ze kucken an ze vergläichen.

Dat selwecht gëllt och fir d'Enregistrementskäschen, déi elo halbéiert ginn. Do stellt sech d'Fro: Wiem hëlleft dat dann am Endeffekt? Fir d'Éischtkeefe gëtt et jo de Bëllegen Akt. Och dat ass virunner schonn erkläert ginn. Falls eng Koppel zum Beispill en Apart wëllt kafen, dann hëlleft de gemeinsame Bëllegen Akt normalerweis, d'Enregistrementskäschen ze decken. A grad Éischtkeefe spieren awer vun dëser Mesür, déi Der elo wëlles hutt, net direkt eppes. Wien awer virun allem dovunner wäert profitéieren – an dräimol duerft Der roden –, dat sinn d'Investisseuren. Si kréien hei erëm Zéngtausenden Euro geschenkt, fir dass se sech déi zweet, drëtt oder véiert Wunneng kënnen leeschten.

Fir d'LSAP ass awer ganz kloer: Fir eis ass d'Wunnen en Doheim a kee Finanzproduit!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Taina Boffering** (LSAP) | Business First, dat selwecht Bild gesi mer och bei der Betrëbssteuer. Bon,

mir haten déi d'lescht Woch beim Entlaaschtungs-Pak jo schonn diskutiert. Hei och de Verweis op d'Cour des comptes, déi jo elo net am Verdacht steet, politesch Avisen auszuschaffen. Si weisen drop hin, dass et keng faktesch Legitimation fir dës Steuerbaisse gëtt, keng Garantie, dass doduerch effektiv méi Steuerrecetten erakommen. Heibäi handelt et sech ëm eng reng politesch Decisioun, an dat huet den Här Roth jo och selwer an der Kommissioun zouginn.

Schlussendlech ass Äre Business First Ausdrock vun enger wirtschaftsliberaler Ideologie. Nëmme, d'Ideologie, datt déi onsiichtbar Hand alles um fräie Marché reegelt, ben, déi Ideologie ass passé. Trickle-down economics, dat heescht dass déi Räich nach méi räich ginn an doduerch och déi Kleng eppes dovunner kréien, déi Rechnung ass nach ni opgaangen. Dat war ëmmer schonns d'Erhalen an den Ausbau vu Privileegie vun enger absolutter Minoritéit, och op Käschte vun der Mëttelschicht, déi virgespillt kritt, si dierft matspillen, mee a Wierklechkeet bei d'Lisa Lette gelooss gëtt. Dat hunn eis sëllege Länner op der Welt bewisen. An ech verstü wierklech net, wou mer jo grad gesinn, dass aner Länner genau de Géigendeel vun deene Modeller maachen a vun deene Modeller wëllen ewechkommen, dass mir dann elo do wäerten eis Zukunft weider drop opbauen.

D'Regierung seet, all dat wär, fir duerno kënnen ëmzeverdeelen. A stolz gëtt dann op déi 47 % vum Budget verweisen, déi a Sozialleeschunge fléissen. D'Erhale vun eise Sozialleeschungen, déi mer als LSAP iwwert d'Jore jo mat opgebaut hunn, ben, dat ass fir eis genausou wichteg wéi fir Iech. Nach muss een éierlech soen, an et muss een och éierlech unerkennen, dass déi Leeschungen net duerginn, fir d'Armuth hei am Land ze bekämpfen. A virun allem sinn déi 47 % keen Ausdrock vum Wëlle vun dëser Regierung, d'Armutsbekämpfung zu hirer éischter Prioritéit ze maachen.

Et ass wouer, dass d'Ausgaben eropginn. Allerdéngs ass dës bis op eenzel Ausnamen op mechanesch Ursaachen zrëckzeféieren. D'Ausgabe wuesse virun allem doduerch, dass d'Bevëlkerung zouhëlt an d'Zuel vun de potenzielle Beneficiairen och zouhëlt. Méi Ausgabe bedeiten also am Endeffekt fir den Einzelnen net Verbesserungen, net weider gutt Leeschungen. Am Endeffekt ass et just de Status quo, dass déi Leit kënnen vun deenen Aidë profitéieren. A grad am Kampf géint d'Armuth geet e Weider-esou net duer. An och déi Mesüeren, déi d'Regierung geholl huet, sinn nawell keen Ausdrock vun enger Politick, där hir éischt Prioritéit d'Armutsbekämpfung ass.

Ech sot ganz am Ufank, dass de Budget d'Wourecht seet, abseits vun alle Sonndesrieden. Néiere weist sech dat besser wéi hei. Dofir hu mer eis d'Méi gemaach, mol e kleng Verglach ze maachen, e Verglach vun deenen Hëlfe am Sozialen, déi dës Regierung elo wëllt ausginn, mat de Mesüre fir d'Investisseuren.

36 Milliounen méi fir d'Allocation de vie chère, mee 100 Milliounen Déchet fiscal bei der Betriebssteuer. D'Energieprimm soll 16 Milliounen kaschten, de Bëllegen Akt fir d'Investisseure kascht 40 Milliounen. D'Steiererlichterunge fir d'Monoparentalle maache 7 Milliounen Déchet fiscal aus an eleng d'Halbéierung vun den Enregistrementskäschten awer en Déchet fiscal vun 100 Milliounen.

Dir mierkt also, Grimmele fir déi Aarm, Stécker Kuch fir déi finanziell Staark. Et gesäit een, dës Regierung huet wierklech ganz kloer Preferenzen, wem se da schlussendlech wëllt ënnert d'Ärm gräifen.

Bei esou engem dach awer éischter – wéi soll ech soen? – dënne Resultat musse mer eis dann nach unhéieren, dass de Premierminister mengt, dass an

deene leschte Joren net genuch iwwer Kannerarmuth hei zu Lëtzebuerg geschwat gi wär. Eréischt seng Regierung hätt dat zum Thema gemaach, well, an ech zitieren, dat de Ministeren, déi selwer och Eltere wieren, um Härz géif leien. Majo dann.

Éischters fannen ech et eng Risefrechheet, dat esou ze soen. Och virdu gouf et Elteren an der Regierung an och déi hu sech fir Kannerarmuth agesat. An dovun ofgesi muss een och net en Elterendeel sinn, fir sech hei kënnen aktiv anzusetzen.

**Une voix | Très juste!**

**Mme Taina Bofferding (LSAP) |** Zweetens stëmmt et och net, datt hei näischt geschitt wär, Här Spautz. Just e kleng Reminder: Mam REVIS gouf d'Ennerstëtzung fir d'Kanner, a ganz besonnesch fir d'Kanner vun Elengerzéiden, erhéicht. Ech war deemools Deputéiert an hu mech dofir agesat – iwwerens als jonk Fra ouni Kanner –, fir dass op dësem Punkt sollt ngebessert ginn. Chèque-service, gratis Transport, Kannerbetreuer, gratis Mëttegiessen, gratis Schoulbicher am Secondaire, bref, wann ech sollt eng Mesür vergiess hunn ..., ech mengen, d'Madamm Cahen, d'Rapporteur, ka gären ergänzen. Ech mengen, si war jo awer ganz aktiv als Familljeministesch.

*(Interruption)*

An ech ka mir net virstellen, dass déi aktuell Regierung hire Majoritéitsdeputéierten hir Aarbecht elo géif aneschers bewäerten.

Bei eis gouf de Mindestloun ëm 100 Euro netto an d'Luucht gesat, eppes, wat dës Regierung schonn zweemol bei de Motiounen verweigert huet. Ech hunn awer dem Här Spautz ganz gutt nogelauschert, dee gesot huet, et géif nach eppes kommen. Mir sinn da mol ganz gespaant, wat dann elo nach wäert an deenen nächste Méint op eis duerkommen.

Här President, ursprénglech wollte mer eigentlech zu dësem Thema eng Motioun maache mat der Iddi fir en nationalen Aktiounsplang, op dee mer jo nach ëmmer ganz gespaant waarden, mee wou eeben d'Majoritéit eis Motioun déi leschte Kéier scho refuséiert huet, wéi mer nëmme gefrot hunn, Pisten eventuell, wann et méiglech wär, an Erwägung ze zéien. Wéi se déi scho refuséiert huet, bon, dunn hu mer eis elo d'Méi net gemaach a waarden dann awer seenlechst op dee Plang, dee mer dann endlech sollen eng Kéier presentéiert kréien.

Hei stellt sech natierlech d'Fro, wat dann elo an deen Aktiounsplang géint d'Armuth soll drakommen. Well dat, wat mer bis elo gesinn hunn, léisst eis net hoffen. Dir bekämpft d'Armuth nach ëmmer, wéi wann et e konjunkturelle Problem wär, an net, wéi wann et e strukturelle wär. Dir setzt einfach op e puer Posten d'Suen erop an Der stellt Iech heihinner a sot: „Voilà, mir maachen eppes, dat war et elo.“ Natierlech ass et gutt, dass déi Leit och méi finanziell Moyene kréien. Natierlech ass et gutt, wann och hire Portmonni gefëllt gëtt. Mee déi hei Leit brauchen och Perspektiven, Perspektiven, fir en nohaltege Wee aus der Armuth ze kréien.

An ech gesinn, dass den Här Familljeminister hei ass. Wann Der nach Inspiratioun braucht, wat an Ären Aktiounsplang soll kommen, do halen ech et da ganz mat der Rapporteuse vu gëschter respektiv mat Ärer Virgängerin: Frot einfach emol ChatGPT, wat ee ka vu wiersame Mesüeren zur Armutsbekämpfung maachen. Mir hunn et iwwerens gemaach, mir hunn et getest an, o Wunder, dat éischt, wat mer liese konnten, ass: De Mindestloun misst iwwert dem Armutsrisiko leien!

Also, wann d'KI dat scho seet, ganz léif Regierung, op wat waart Der nach?

Här President, ech kommen nach eemol op déi ekonomesch Zuelen aus dem Budget zrëck an domat och nach emol op de Wuesstemsmodell.

*(Interruption)*

De Wuesstem ass esou eng Saach, déi sech grad an enger klenger Economie wéi Lëtzebuerg net esou einfach steiere léisst.

Den Här Finanzminister huet et esou erkläert: „Um Schëff ass et och nëmme esou laang schéin, wéi d'Wiederprevisiounen och gutt sinn.“ Jo, ech mengen, do si mer eis eens. Et kann een zwar hoffen, dass all Dag d'Sonn schéngt, mee warscheinlech ass dat scho manner.

Schonns beim Budget 2024 hunn ech drop higewisen, dass Äre Budget eng riskant Wett op d'Zukunft ass. An dësen onsécheren Zäiten huet et eis net responsabel erschéngt, de Wuesstum als Allheilmittel vun eise Staatsfinanzen ze gesinn. Elo, kee Joer méi spët, musse mer feststellen, dass Der mat dësem Budgetsprojett schonns éischt Korrekturen no ënne maache musst.

Fir 2024 waren eigentlech 1,5 % Wuesstum virgesinn, mee et schéngt éischter onwarscheinlech, dass dësen och esou antrëtt. Dem Conseil national des finances publiques no brauch et nach iwwert dat drëtt a véiert Trimester ewech an der Moyenne eng Croissance vun 2,9 %, fir nach op déi 1,5 % Wuesstum ze kommen. A grad aus der Industrie, wéi Dir och selwer gesot hutt, Här Minister, an aus der Konstruktionskommission koumen am drëtten Trimester éischter negativ Signaler.

Och d'Croissance vum PIB soll 2025 nëmme nach bei 2,7 % an net méi bei 3 % leien. Déi international Acteure gesinn déi wirtschaftlech Entwécklung an de kommende Jore lichter méi pessimistes. Hire Berechnungen no wäert sech de PIB à moyen terme bei 2 % apendelen. Dir gesitt also, Är Wett aus dem Mäerz, an dat ass nach keng néng Méint hier, riskéiert elo schonn, net méi opzagoen.

Firwat eng reng Wuesstumslogik ouni laangfristeg Visioun awer zousätzlech problematesch ass, gesäit een och ganz gutt unhand vun de Chômagezuelen. Bon, ech brauch net méi drop anzagoen, well de Minister se virrunner schonn zitéiert huet. Wichteg ass just ze wëssen: De Chômage geet weider an d'Luucht an den Emploi entwéckelt sech méi schlecht wéi erwaart.

Wat ass d'Konsequenz dovunner? An hei verweisen ech op den Avis vum Statsrot, dee ganz kloer seet, dass dës schwache Beschäftigungswuesstum en negativen Afloss op d'Konten vun der Sozialversicherung huet. An och dofir brauch et eng Iddi fir den Iwwermuer an eiser Economie, fir eis Economie esou opzebauen, dass se nohaltege an zukunftstauglech ass.

Här President, fir d'Zukunft ze gestalten, brauch een och Spillraum a sengem Budget. An domat kommen ech zum OMT, dem Objectif à moyen terme. Dësen ass, wéi an der Finanzkommission festgestallt, just nach eng Écriture comptable. An all Regierung soll sech selwer Oplage ginn, wéi si d'Investier par rapport zu der éffentlecher Schold gesäit. Vu datt mer vum Finanzminister an där leschter Zäit elo net méi esou vill dozou héieren haten, hat ech jo scho bal gemengt, Dir hätt op eis gelauschert an Dir wäert elo mat eis op enger Linn, dass déi 30 % Schold keng absolut Grenz wären. Mir hunn ëmmer deen Dogma vun deenen 30 % refuséiert a refuséieren en och weiderhin.

Ech huelen zur Kenntnis, dass Der dann elo am Endeffekt awer wäert legiferéieren a mir waarden da gespaant dorobber, wou Der genau wëllt usetzen.



Positiv – dat wëll ech awer och ganz éierlech soen – huelen ech Är Ausso vu virdrunner zur Kenntnis, dass Der Iech eisen Iddien, fir de PIBien-être weider auszebaue respektiv och am Gesetz ze integréieren, wëllt unhuelen. An hei begrëisse mer dat natierlech a soen Iech och direkt, dass mer Iech hei ganz konstruktiv zur Sait wäerte stoen.

Well, Här Minister, et ass sécher net de Moment, fir mat den Investissementer ze spueren. 4,6 % vun der Wirtschaftskraft sollen am Joer 2025 den Investissementer zeguttkommen. Mir begrëissen, dass elo hei nach méi virgesinn ass wéi beim leschte Budget, dat heescht dass Dir bereet sidd, hei nach méi ze investéieren. Mir gesinn awer och, dass déi indirekt Investissementer awer elo ëm 3,3 % par rapport zu 2024 sollen erofgoen. An och d'Consommation intermédiaire soll manner staark wuesse wéi nach an deene leschte Joren, ëm 3,2 % fir 2025 par rapport zu 8 % fir 2023 a 2024.

Mir hoffen, dass doraus elo net en neien Trend gëtt, well mir brauchen nämlech déi indirekt Investissementer an eise Betriber an och d'Fonctionnements-käschte vun eisem Staat. Hei dierf net gespuert ginn. Mir brauchen eng ganz staark Fonction publique, déi och déi néideg Moyene kritt, fir hir Aarbecht beschteméiglech, virun allem am Déngscht vun de Leit, kënnen auszuféieren.

An à propos Fonction publique: Do kann ech mech nëmmen dem Här Spautz uschlëssen. Wann iwwert d'Budgetgesetz aner Gesetzter ofgeännert ginn, da soll et dobäi prioritär ëm d'Finanze goen. Eng Verwaltungstechnesch Reform wéi déi vun de Sécherheets-servicer vun der Fonction publique an der ITM gehéiert net an e Budget. Déi gehéiert an en eegestännege Gesetzesentwurf vum Minister vun der Fonction publique, e Gesetzesentwurf, deen donieft och déi Fro vun de Mobbingprozeduren – wat e Risenthema ass –, déi elo net beäntwert gëtt, deementspriedend ka behandelen.

De Finanzminister huet virdrunner gesot, de Sozialdialog géif nach ëmmer héichgehale ginn. Ben, d'CGFP wousst näischt vun deem Move, dass dëst esou an d'Gesetz erakënn. Si huet ganz kloer gesot, dass se net consultéiert gouf an dass se net wousst, dass Dir elo déi Reform géift hei am Budget maachen.

Dofir, héichhalen ass eppes, wat Der eis ëmmer esou sot. De Problem ass just, dass mer et un Ärem Handeln net och esou gesinn. An Dir hutt en Joker an Äre Reien, den Här Spautz. Ech mengen, alles, wat de Sozialdialog betrëfft, alles, wat am Intérêt vun de Leit, déi schaffen, vun de Beschäftegten, soll verbessert gi respektiv wat vu Reforme soll kommen: Gräift do einfach op Ären Joker zréck. Domadder wär eis vill Misär am Land erspuert.

(Interruption)

Här President, d'Finanze vun engem Land sinn natierlech vu villem ofhängeg. Eis Finanze sinn awer net just nëmmen ofhängeg, si si süchteg, süchteg no Tubak. Wann näischt méi geet, da ginn d'Akzisen op den Zigaretten einfach eropgesat, fir esou Recetten ze generéieren. Dës ginn d'nächst Joer ëm 5,5 % an d'Luucht op 1,2 Milliarde Gesamteretten.

De Finanzminister seet dozou: „Dat wäert zousätzlech Recettë schafen.“ Zitat: „Positive Schéiereffekt.“ Jo, esou kann een natierlech virgoen. D'Mesür zielt just nëmmen drop, an ech mengen, esou éierlech soll ee sinn, dass eebe méi an d'Keess gespullt gëtt. Hei si mer erëm beim Verwalten amplaz Gestalten. Hei geet et net ëm gesondheetlech Aspekter, well wat Iech dat wichteg, dann hätt Der d'Akzisen op e Maximum gehuewen. Laut WHO brauch et nämlech eng Hausse vun 10 % vum Präis vun Tabaksprodukten, fir dass

eng Baisse vun der Consommation a Länner mat Wuelstand antrëtt.

An eisen Nopeschlänner – wéi och an Europa – gëtt iwwert eng Génération sans tabac diskutéiert. A mir fuerderen d'Regierung op, sech doriwier nach méi Gedanken ze maachen, fir datt et an Zukunft net méi zur Normalitéit gehéiert, datt eng Persoun fëmt, mee dass et eng Ausnam ass, datt mer deenen, déi haut fëmmen a muer wëllen ophalen, hëllefen an dass déi Jonk dervunner ofgehele ginn, iwwerhaupt unzufänken. Well de Käschtepunkt vum Tubak, an dat ass de sprangende Punkt – sief dat fir den Einzelnen oder fir eis insgesamt als Gesellschaft –, wäert ëmmer méi héich si wéi déi Recetten, déi elo kuerzfristeg erakommen.

Här President, amplaz op albewäerte Mëttele wéi Tubaksakzisen ze setzen, brauche mer nei Weeër an nei Recetten. Mat dëser Fuerderung no neie Recette sti mer och net eleng do. Dëst huet och d'Cour des comptes kritiséiert. Et feelt e Plang B, falls den Tubak an déi fossill Brennstoffe net méi als Geldquell dëngen.

De Finanzminister sot d'lescht Joer beim Budget: „Ech hu keng Glaskugel, ech weess net, wat an der Welt geschitt.“ Ben, keen huet eng Glaskugel, mee eng responsabel Finanzpolitik muss sech awer selwer Moyene ginn, fir op extreem Schocken, op Krise kënnen ze reagéieren. Dat ass d'Kärstéck vun der Resilienz!

Grad d'Pandemie, de Krich an der Ukrain, d'Verschäerfung vun de geopolitische Spannungen, d'Erausfuerderungen am Klimawandel hunn eis jo awer gewisen, wéi wichteg et ass, dass mer eis eeben esou opstellen, dass mer op extern Schocke kënnen reagéieren, grad, wéi ech scho virdrunner gesot hunn, fir esou eng kleng, oppen Economie wéi Lëtzebuerg.

Mir müssen dofir iwwer e méi grouss fiskalen Handlungsspillraum verfüge wéi eng grouss a manner ufälleg Economie. Natierlech Ressourcë stinn net endlos zur Verfügung. Lëtzebuerg stéisst esou lues awer sécher un dës Grenzen, sief dat beim Landverbrauch, bei der Knappheet vun den Terrainen oder och beim Energieverbrauch.

Aner Ressourcë wéi d'Waasser riskéieren, mam Klimawandel méi knapp ze ginn, och wann dat elo schwéier virstellbar ass, well et bei eis esou oft reent. Klima- an Naturschutz sinn e weesentlechen Aspekt, wann et drëms geet, net just eis Liewenskonditiounen, mee och zukünfteg Entwécklungschancen fir eis Economie ze erhalen.

Déi Prioritéit fënnt sech am Budget net esou erëm. D'Enveloppe vum Ëmweltministère geet ëm 15 % erof. Vu dass déi entspriechend Spezialfonge vun der viregter Regierung gutt gefëllt goufen, ass dat am Endeffekt net de gréisste Problem, mee villméi déi mangelnd Ambition vum der Regierung an deem Beräich. Et bleift d'Gefill, dass den Naturschutz sech ënneruerdne muss, ënneruerdnen dem Logement, der Landwirtschaft oder kuerzfristegen ekonomeschen Interessen. Virun allem soll en eppes: net nerven!

Här President, mir müsse méi Resilienz an eis Staatsfinanzen erakréien. Business as usual geet net duer, fir d'Erausfuerderungen ze meeschteren, virun déi eis de Klimawandel stellt, wéi Katastropheschutz, Héichwaasserschutz, Renaturéierung vu Gewässer, manner Versiegelung. E Bekenntnis zum PNEC ass sécher gutt, mee d'Annoncen an d'Mesüre vun der Regierung suerge fir Zweifel, dass si et och wierklech esicht mengt. Och wann et am Moment, global gesinn, wéineg positiv Signaler gëtt, sou sollt dëst Lëtzebuerg net dorunner hënnere, méi ambitiéis an deem

Beräich ze sinn. Mir sinn an enger Epoch, an där et elo gëllt, déi richteg Entscheedungen ze treffen. Wéi gi mer konsequent mat der Klimakris ëm? Wéi eng Investitiounen wëlle mer tätigen, fir eeben déi sozial an energieesch Transition hinze kréien?

Et brauch virun allem Wäitsicht. Et brauch e Plang. Et brauch Méiglechkeeten, eise Fortschritt am Budget och besser kënnen ze moossen. An op dee Volet wäert den Här Fayot a senger Interventioun nach méi detailléiert agoen. An da kann och – an dat versprechen ech Iech – d'Majoritéit herno weisen, ob se dann dem Finanzminister gutt nogelauschert huet, dee jo de PIBien-être och gäre wëll héichhalen. Hei ka se dat da bewisen, fir direkt Neel mat Käpp ze maachen.

Voilà, dëst zu eise Reflexiounen zum Budget. Ech resüméieren: Eis feelt ganz kloer de Kurs op iwwermuer. De Muer geet net duer. Mir müssen och wëssen, wéi mer eis fir déi nächst Joren am Sënn vun den nächste Generatiounen opstellen. Mir stelle fest, dass dese Budget keng kloer Äntwerten op déi vill Erausfuerderunge gëtt, déi sech eis nach weiderhi wäerte stellen.

Fir et mam Roude Léiw ze huelen, Här Roth: Äre Roude Léiw schéngt net wierklech de roude Fue dem fest am Grëff ze hunn. An dofir – an ech mengen, dat wäert Iech elo wierklech batter enttäuschen – wäerte mer dese Budget net matstëmmen.

**Plusieurs voix | O!**

**D'autres voix | Très bien!**

**M. Claude Wiseler, Président** | Ech soen Iech Merci, Madamm Bofferding. An da géing ech dem Här Fred Keup als leschtem Riedner vun haut de Moien d'Wuert ginn. Här Keup.

**M. Fred Keup (ADR)** | Merci, merci, Här President, och datt ech haut de Moien nach drukommen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech kann och do weiderfueren, wou d'Madamm Bofferding opgehalen huet: Och mir stëmmen dese Budget haut net mat.

**Plusieurs voix | O!**

**M. Fred Keup (ADR)** | Éischtens ass kee richteg Zil hei ze erkennen, wou d'Regierung hiwëll. Et gëtt kee wierkleche Plang, keen Zil, wou eist Land histeiert.

Et ass och, zweetens, e Manktem u Courage festzustellen, well eigentlech ass et plus/minus awer an der Kontinuitéit an et ass dat selwecht wéi dat, wat virdu schonn do war. De versprachene Wiessel ass net do.

An, drëttens, hu mer erëm eng Kéier eng Situatioun och mat viraussichtlech héijen Defiziter. Och dat fanne mer net seriö. D'Ausgabe sinn ze héich a se féieren zu ze vill Scholden. An dat ass schlecht fir eist Land.

Fir et emol esou ze soen: Dobauss weess keen esou richteg, firwat dës Regierung elo genau steet an awéifern si sech vun där vu virdrun differenziéiert. Wann een d'Leit freet: „Wat ass dann de grouss Projet vun dëser Regierung?“, da weess keen dorop ze äntwerten. Dat ass eng Feststellung.

Här President, wann een e Budget opstellt, da mécht een dat jo och, fir gewëssen Ziler ze erreche fir eist Land. An do muss ee sech da froen hei: Wéi ee Lëtzebuerg wëlle mir an Zukunft hunn, an 10, 20 Joer? 2050 steet virun der Dier, wéi ee Land wëll dës Regierung an Zukunft?

Wann ee Politik mécht, da muss een ee Projet hunn, un deen ee gleeft, un deem ee schafft, an da kann een d'Leit och matrappen. Dee Projet gëtt et hei net, oder op d'mannst huet nach kee vill dovun héieren.

Et ass natierlech och méi einfach, sech net mat laang-fristegen Iwwerleeungen ze beschäftegen a vu Joer zu Joer ze kucken an ze hoffen, dass et iergendwéi opgeet a genuch Leit zu Hirem kommen. Dat ass méi einfach.

Et ass och net alles schlecht an der Praxis an och net bei deem, wat dëst Joer geschitt ass. Dat muss ech och soen. Mir hu vill Projeten hei ënnerstëtzt, well se an déi richteg Richtung ginn. An och déi ganz Entlaaschtungen, déi elo gestëmmt gi sinn, fanne mir natierlech och de richteg Wee.

An ech kommen och net heihinner, fir alles ze zerrappen, wat dës Regierung mécht a wat an dësem Budget steet. Ech kommen heihin, fir en Ausbléck ze ginn op dat, wat eis erwaart, wa mir esou weidermaachen.

Vu dass Dir dat net maacht, musse mir dat alt maachen als ADR, well d'Leit wëlle gesinn, wou d'Rees higeet vun eisem Land, mëttelfristeg an och laang-fristeg.

Mir gesinn am Budget: Et ginn alt Saachen an d'Luucht. Dacks ass dat awer och ganz einfach duerch d'Inflatioun ze erklären, déi déi lescht Jore jo och héich war. Dat muss een och wëssen. Et ass jo eng logesch Konsequenz dovunner. D'Regierung gëtt dann och net nëmmen un den Zuele gemooss, déi mir hei am Budget presentéiert kruten, mee eng Regierung gëtt bewäert un deem, wat duerno erauskënnt, um Resultat, an dat spëitstens no fënnf Joer, also 2028.

An et ass, wéi an der Schoul: Um Enn vum Joer kritt Dir vun eis Är Zensur. An déi Zensur, déi Bewäertung wäert d'ADR maachen an da moosse mir, ob dës Regierung gutt geschafft huet oder schlecht geschafft huet. Mir wäerten dës Bewäertung unhand vu kloren Evaluationskrittäre maachen, déi sech objektiv moosse loosse.

Ganz kloer unhand vu Statistike wäerte mir da moossen, wéi d'Kafkraaft sech entwéckelt huet. Geet se erof, dann ass d'Regierung am Echec. Mir bewäerten d'Energiepräisser no fënnf Joer. Gi se weider erop, dann ass d'Regierung am Echec. Mir bewäerten, ob d'Kriminalitéit zeréckgeet. Bleift se esou héich, dann ass d'Regierung am Echec.

Mir bewäerten, ob d'Verkéierssituatioun sech verbessert. Sti mir a fënnf Joer nach weider am Stau, dann ass d'Politick vun der Regierung een Echec. Mir wäerte gesinn, wéi d'Situatioun an de Klinicken ass, an den Urgencen. Wa sech d'Situatioun net verbessert, dann ass d'Regierung am Echec. Mir wäerte gesinn, wéi eis Scholde sech entwéckelen. Maache mer nach weider esou héich Scholden, ëmmer méi, dann ass d'Regierung am Echec.

Mir wäerte gesinn, ob weider esou vill Natur zersteiert a verbaut gëtt. Ass dat de Fall, dann ass d'Regierung am Echec. Mir wäerte gesinn, ob d'Aarmut eropgaangen ass no fënnf Joer oder erofgaangen ass. Geet d'Aarmut net zeréck, dann ass d'Regierung am Echec. Mir wäerte gesinn, ob nach ëmmer Lëtzebuerger mussen an d'Ausland plënnere, well si an hirem Land keng Wunneng fannen. Ass dat de Fall, dann ass d'Regierung am Echec.

A mir wäerten natierlech och kucken, ob erëm méi Lëtzebuergesch geschwat gëtt oder manner. Wann et manner ass a weider zeréckgeet, dann ass d'Regierung am Echec.

A mir wäerte gesinn, wéi d'Stellung vun der Famill an der Gesellschaft wäert sinn. Wann d'Famill an hirem Roll an der Gesellschaft weider zeréckgedrängt gëtt, dann ass d'Regierung am Echec.

Eist Zil ass, dass d'Liewensqualitéit erëm eropgeet. Ass dat net de Fall, dann huet d'Regierung versot.

(Interruption)

Als ADR si mer iwwerzeegt, dass Lëtzebuerg vill méi kann ewéi dat, wat déi lescht Jore bruecht ginn ass. Mir kéinte vill méi wäit sinn als e Land, dat esou vill Moyenen huet. Do kéinte mir dat maachen.

Elo hutt Dir nach véier Joer Zäit an da gesi mer Äre Bilan, mat all deene Punkten, déi ech grad opgeléicht hunn, an nach ville weider. An dorobber wäert och d'Vollek Iech als Regierung bewäerten.

A wa mir elo am Lycée wieren, da wiere mer elo, no engem Joer Legislaturperiod, esou ongeféier an engem Schouljoer no Allerhellegen an da géife mir Iech als Schüler roden: Leet mol eng Schëpp bäi, well soss gëtt et enk. Dir kënnt vläicht een oder zwee Fächer kompenséieren, mee keng fënnf oder sechs!

Dir als Regierung sidd an der Verantwortung. Dat ass Äre Choix gewiescht. Dat ass dat, wat Der wëllt. Dat ass sécherlech ganz flott. A mir sinn déi, déi kontrolléieren, déi Iech bewäerten. An dat ass och ganz flott.

(Brouhaha)

Här President, kucke mer emol, wéi Lëtzebuerg sech entwéckelt huet iwwert déi lescht Joerzéngten. Et ass ëmmer erëm wichtig, dat awer ze widerhuelen. An ech kommen do mat där Geschicht vu virun 30, 40 Joer: Do konnt sech en Aarbechter en Haus leeschten, en Haus mat Gaart. Net e Studio an enger wäisser Këscht! En Haus mat Gaart!

E konnt sech en Haus leeschte fir seng Famill, an oft huet seng Fra emol net misse schaffe goen. E konnt sech en Auto leeschten an an d'Vakanz fueren. Dat ass et ginn! Dat hunn ech gesinn, dat hunn déi meescht hei gesinn a materlieft. Dat ass haut onméiglech!

Deemools konnt ee moies um 7.30 Auer fortueren an an 20 Minutte moies zum Beispill vu Käerjeng aus an der Stad sinn. Dat ass haut net méi méiglech. Fiers de um 7.00 Auer, bass du eng Stonn am Stau.

An der KannerKlinik, an iwwerhaupt an der Klinik, huet jiddweree Lëtzebuergesch geschwat. Et huet och gutt fonctionéiert, genausou wéi an de Geschäfte a beim Staat souwisou.

Kriminalitéit ass et ginn, awer net wéi haut. Iwwerfall an Abréch ware rar, Alarmanlagen huet een net gebraucht. Haut seet d'Police op hirem Internetsäit: „Lassen Sie sich begleiten, wenn Sie abends oder nachts unterwegs sind, und verringern Sie so das Risiko eines Überfalls.“ Dat steet haut bei police.lu op der Internetsäit am Joer 2024.

Kriminalitéit a Gewalt si staark eropgaangen, dat beweisen d'Zuelen. A weider natierlech ass och den Zesammenhalt an der Gesellschaft net méi deen, deen e war. Et ass viles méi individuell ginn, et ass viles méi anonym ginn. A fir et kloer an däitlech ze soen: Et war net alles besser, mee et war viles besser!

A wat wëllt Der haut engem Jonken zielen, dee schaffe wëll goen, deen eng Famill wëll grënnen, dee Kanner wëll kréien, en Haus wëll kafen, en Auto? Wat wëllt Der deem soen? E soll waarden, bis e 40 Joer huet an da kucke mer – vläicht?!

Ech soen Iech et riicht eraus: Et ass ganz haart fir déi Jonk hautzudaags. Ganz haart! Fir déi Jonk, déi grad ufänke mat schaffen, a fir jonk Familjen. An dat ass, mengen ech, en zentrale Punkt, deen eis hei net dierf kal loosse.

Mir mussen an der Politick derfir surgen, dass fir déi Jonk dat Normalst vum Liewen, eng Aarbecht ze hunn, eng Famill ze grënnen an en Haus ze hunn, muss erëm méiglech sinn. Dat muss mer deene Jonke bidden. Dat si mer hinne schëlleg! Aarbecht, Haus, Famill: déi normalste Saachen! Dat ass dat, wat mer als Politick alleguer mussen ënnerstëtzen.

An da schwätzen ech emol net vun der Perspektiv vun hirem Pensiouen a vun all deem anere Misär, an deem dat Hamsterrad Bevëlkerungswuesstem, an deem mir eis befannen, eis nach wäert hiféieren. Wéi soll dat funktionéieren? Wat fir eng Méiglechkeeten, wat fir eng Zukunft bidde mir haut eise jonke Leit hei am Land? Néideg wier och eng grondleeënd Analys, och eebe grad vun der Altersversuerung. Well wa mer esou weidermaachen, da geet dat alles op d'Käschte vun den zukünftege Generatiounen. An domadder muss Schluss sinn!

Sécher, eis Renten, jo, déi si bis an d'Joer 2040 ongeféier ofgesécher. Mee duerno si se dat net méi. A wéi wëlle mer d'Finanzéierung sécherstellen? Wëlle mer ëmmer weider wuessen, ëmmer weider Aarbechtskräften an d'Land eranhuelen, fir eisen demografeschen Defizit op sozialem Plang ofzeddecken? Sollen eng Kieler eng Millioun Leit oder nach méi zu Lëtzebuerg wunnen? Sollen eng Kieler 400.000 Frontalieren hei schaffen? Ass dat, wann et iwwerhaupt machbar wär, wierklech wünschenswäert? A wat géif dat bedeite fir eis Liewensqualitéit?

D'Fro vum Bevëlkerungszouwuess vu Lëtzebuerg: Dat ass dat zentraalt Theema hei zu Lëtzebuerg. Well d'Haaptursach vu bal all eise Problemer läit an deem massive Bevëlkerungszouwuess. An d'Kollegen hei virun hunn et jo och schon ugeschnitten. Dat ass de Problem. 1990 hate mir hei ronn 180.000 Aarbechtsplazen. Am Joer 2010 waren et der 360.000. Also eng Verdueblung an 20 Joer. Zéng Joer méi spët, 2020, hu mer der 475.000. An haut si mer iwwer 500.000. Bannent zéng Joer goufen also 115.000 zousätzlech Aarbechtsplaze geschaf, also 11.500 zousätzlech Aarbechtskräfte pro Joer. Dës Steigerung trotz der globaler Finanzkris 2007 an trotz der Covid-Pandemie ass dach awer beandrockend!

Mee wou fënt d'Wirtschaft déi nei Aarbechtskräften an iwwerzeegt se, op Lëtzebuerg ze kommen an hei ze schaffen? Eis Jugend an och eis laangfristeg Aarbechtslos gi jo guer net duer, fir déi Nofro ze decken. Eng ganz einfach Rechnung: All Joer kommen ongeféier 6.500 jonk Leit, Lëtzebuerger an Auslänner, déi zu Lëtzebuerg opgewuess sinn, vun der Schoul op den Aarbechtsmaart. Et feelen also all Joer Minimum 5.000 zousätzlech Aarbechtskräften, just fir déi neigeschafene 11.500 Plazen ze besetzen. De Bedarf no auslänneschen Aarbechtskräften ass natierlech vill méi héich, well och d'Aarbechtskräften, déi all Joer an d'Pensiouen ginn, ersat musse ginn. An dat waren déi lescht Joren all Joer bal 8.000 Persounen. Während zéng Joer goufen also all Joer am Duerchschnëtt 11.500 plus 8.000, dat ass 19.500, Aarbechtsplaze fräi hei am Land. Do stoungen hei aus dem Land 6.500 Jonker zur Verfügung. Dat heescht d'Lëtzebuerger Wirtschaft brauch also pro Joer genau gesinn – 19.500 minus 6.500 – 13.000 zousätzlech Aarbechtskräften aus dem Ausland. Dës 13.000 pro Joer sinn dann entweder Grenzgänger oder Leit, déi wéinst enger Aarbechtsplaz op Lëtzebuerg wunne kommen. Dat ass fir e Land wéi Lëtzebuerg op laang Zäit eng gigantesch Zuel!

An de leschten 30 Joer ass d'Zuel vun de Grenzgänger dann och schrecklech an d'Luucht gaangen. Am Joer 1980 – dat war e schéint Joer – hate mer just 12.000 Frontalieren, 1995 waren et der 50.000, 2009 150.000 an haut si mer op 230.000, dat heescht d'Zuel vun de Frontalieren ass an de leschte Jore pro Joer ëm 5.500 eropgaangen. Zesummegefaasst goufen also all Joer 19.500 Aarbechtsplaze besat, dovunner 13.000 aus dem Ausland, dorënner 5.500 duerch Frontalieren a 7.500 duerch d'Immigratioun. Doduerch wisst dann d'Bevëlkerung zu Lëtzebuerg och pro Joer ronn ëm 12.000, 13.000 Persounen.



Wann een also dat bedenkt, da kann ee sech froen, wéi mir also do wëllen nach derduerchkommen, wéi mer wëllen do nach hannendru kommen a wéi mer wëllen d'Land nach iergendwéi ..., net méi prett maachen, mee dee Retard opuhelen, dee mer an all där Zäit ugeheeft hunn, fir deene Leit och dat ze bidden, wat se am Fong hei verdéngen.

All déi Problemer si scho laang bekannt an ech wëll Iech hei zwou Persounen hei aus der Chamber zitëieren. Fir d'éischt den honorablen Deputéierte Michel Wolter, deen 2008 Follgendes hei sot: „Kohäsion an Integratioun hunn och eng territorial Dimension. Déi hu mer zwar méi spët entdeckt, duerfir ass se net manner relevant. Eisen Territoire ass begrenzt an d'Land zitt ëmmer méi Leit un. Mir hunn elo bal eng hallef Millioun Awunner an iwwer 140.000 Frontalieren. (...) D'Zouam vum der Zuel vu Frontalieren iwwerbitt konsequent déi héchste Prognosen, déi am IVL-Konzept 2004 presentéiert goufen. Dat stellt eis viru Mobilitéitserausforderungen, wéi mer se nach ni kann hunn, well mer musse wëssen, dass dës Evolutioun net ophält.“ An déi Mobilitéitserfarunge kënnen mir haut, 16 Joer duerno. Déi gesi mir all Dag: wéi sech a Lëtzebuerg beweegt gëtt oder wéi sech besser gesot net beweegt gëtt am Land, an d'Land eran, moies, an aus dem Land eraus – alles steet.

**M. Dan Hardy (ADR) | Très bien!**

**M. Fred Keup (ADR) |** Den Här Biltgen huet dann 1998 hei gesot ...

*(Interruption par M. Georges Engel)*

Jo, ech ginn dat vill noliesen. Ech zitëieren dat: „Duerch d'Schafe vun ëmmer neien Aarbechtsplaze klëmmt d'Zuel vun de Frontalieren. Dat bréngt Drock. Drock op d'Gehälter, well d'Frontalieren aacht bis 10 % méi bëlleg schaffen, wéi de Statec dat a senger leschter Nott schreift“, deemools, „Drock op eist Stroossennetz, dat ëmmer méi iwwerfëllt gëtt, Drock op eis zukünfteg d'Pensiounsfinanzlag, well d'Frontalieren haut cotiséieren, fir muer eng Pensioun heemgeschéckt ze kréien.“ Dat war 1998 an dat war, mengen ech, schonn e bësse méi éierlech wéi dat, wat mer haut iwwerall héieren, an och méi wäitbléckend. Dat sinn nämlech d'Problemer, déi mer hunn. An deemools konnt sech, mengen ech, keen hei am Land virstellen, wéi dramatesch d'Situatioun effektiv um Beispill vum Stroosseverkéier eng Kéier géif ginn, esou wéi se haut ass.

Ech kéint nach aner Riedner vu fréier zitëieren. Et war och ee Mann hei, dee vum 700.000-Awunner-Staat geschwat huet. Dat war och eng konkreet Warnung. D'Problemer ware bewusst. Wann also haut ee mengt, mir bräichten eng Erhéijung op 300.000 Frontalieren eng Kéier, da kann ech just soen, dee lieft net an där Realitéit oder en huet et nach ëmmer net verstanen. Ech soen op jiddwer Fall: Nach weider Frontalieren op eng Zuel vun 300.000 ass fir eist Land absolut net wëschenswäert.

Dat, wat mir erliewen, ass wéi e Fluch: e Fluch vun engem Turbowuesstum. An dee massive Bevëlkerungszouwuesst huet eis an eng Wuesstemsfal bruecht. D'Problemer ginn ëmmer méi grouss: héich Wunnengspräisser, Verbauung, Zersiidlung, Stau, Verloscht vun der Identitéit, Zerstéierung vun der Natur, Infrastrukturmangel, Personalmangel beim Staat, Aarmut an e Pensiounsproblem, oder wéi nennt Der dat gären, wa mer eng Kéier an Zukunft mussen 200.000 Pensiounen an d'Ausland iwwerweisen a mir wëssen, dass een 2,5 Persounen brauch, déi schaffen a cotiséieren, fir eng Pensioun ze bezuelen. Dee Moment wäert näischt méi fonctionéieren!

Am Joer 1990 ware ronn op d'Landfläch 5 % vun eiser Fläch am Land bebaut. 1990 5 %, haut sinn et 15 %.

Maache mir esou weider, sinn et a 15 Joer 20 %. Oder wëllt Der d'Leit alleguerten a Bëtonstierm zsummeperchen? Da spuere mer vläicht Fläch. Mee ech mengen net, dass dat gutt ass, well dat geet op d'Käschten vun der Liewensqualitéit. An elo kënnt Der hei kommen a soen: „Jo, mee de Bevëlkerungszouwuesst huet eis räich gemaach. Dee Wuesstum mécht eis räich.“ Da kann ech deem äntworten: Hei am Land hu mer 20 % Leit, déi liewen an der Aarmut oder un der Aarmutsgrenz. Dann zielt deenen dat emol. Oder deenen, déi ënnert dem Konkurrenzdruck um Wunnengsmarché vu missen d'Land verlossen, fir an d'Ausland wunnen ze goen. Oder deenen, déi duerch den Drock vun de Frontalieren manner verdéngen, wéi den Här Biltgen gesot hat.

Fazit ass: Trotz dem Wuesstum hu mir immens vill Leit, déi un der Aarmutsgrenz liewen oder knapp driwwer. Dat heescht déi, déi behaupten, de Wuesstum géif eis räich maachen, soen op jiddwer Fall op d'mannst net déi ganz Wourecht. Vill Leit sinn trotz Wuesstum aarm!

Wat kann ee maachen? D'Konsequenze vum Bevëlkerungszouwuesst éierlech ugoen. Den Haaptproblem, firwat mer keen Neistart kréien, ass eng Verharmlosung vun den negative Konsequenzen. Déi negativ Konsequenzen an d'Ursaache ginn ëmmer schéigeschwat. An ech kann Iech dat un zwee Beispiller hei soen. Éischt Beispill: Da gëtt esou gesot, d'Infrastrukturproblemer kéinten einfach duerch méi Bauprojekte geléist ginn. Dat geet net. Mir si sou wäit hannendran. Mir kréien dat net opgeho, zemoos wann et esou weidergeet. Da gëtt gesot: „D'Explosioun vun den Immobiliepräisser ass d'Schold vun de Spekulant an de Grondbesëtzer, déi net verkafe wëllen.“ Nee, dat ass net de Grond! D'Immobiliepräisser entstinn duerch eng ganz héich Nofro. A mir hunn héich Immobiliepräisser wéinst enger héijer Immigratioun. Dat ass de Grond. A mir mussen dat net verniddechen. Mir mussen der Realitéit an d'Ae kucken.

Dann, wat kann een nach maachen? Et muss een eng kloer Haltung zu deem Turbowuesstum hunn. An d'Politik an all d'Acteuren, an eigentlech alleguerten d'Leit, mussen sech dergéint ausschwätzen a fir e qualitative Wuesstem kämpfen an op déi negativ Konsequenzen opmierksam maachen. Nëmme sou hu mir als Gesellschaft e kloert gemeinsaamt Zil a kënnen Lösung fir aus der Wuesstemsfal eraus diskutéieren. Duerch dës Haltung erhéicht sech och d'Bereitschaft vun den Awunner fir e méi luese Wuesstum, deen eventuell och kuerzfristeg Verloschter matbréngt, well se da wëssen, dass d'Alternativ, also d'Netlassloosse vum Turbowuesstum, nach méi schlëmm Konsequenze wäert hunn.

Drëtte Punkt, an dat ass eng Feststellung, déi mer elo schonn erliewen: De massiven Zouwuesst bremsst vum selwen. Ganz natierlech. Mir mussen eis bewusst sinn, dass den Turbowuesstum ëmmer iergendwann u seng Grenze stéisst. Schlussendlech ass en Job zu Lëtzebuerg haut, wéinst den negative Konsequenze vum Wuesstum, net méi esou attraktiv wéi virun zéng Joer. D'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg wäert duerch de staarke Bevëlkerungszouwuesst weider ofhuelen, soudatt ëmmer manner Leit op Lëtzebuerg komme wëlle fir ze schaffen. Dës natierlech Wuesstumsbrems sollte mir notzen, fir de besteeënden Infrastrukturmangel opzefänken an net erëm an neien Zouwuesst ze investéieren.

*(Interruption par M. Georges Engel)*

Also éier mir massiv investéieren an neie bëllege Wunnengsbau fir nei Leit aus dem Ausland, sollte mir mol kucken, dass eis Leit hei ënnerkommen an dass

mir déi Defiziter, déi iwwert déi leschte Joren entstane sinn, hei mol kënnen opschaffen.

**M. Dan Hardy (ADR) | Très bien!**

**M. Fred Keup (ADR) |** An de véierte Punkt, an do sprangen ech e bëssen op d'Innovatiounslokomotiv vum Här Minister op: Et ass ganz wichteg, dass mer hei weider gutt wirtschaften, eng gutt Nischepolitik maachen, mat vill Innovatioun. Mir mussen esou wäit wéi méiglech un eiser Souveränitéit festhalen. Eng richtig aggressiv Nischepolitik, wéi mer se gemaach hunn, geet haut net méi. Mee déi Nischen, déi mer nach hunn, déi mussen mer bäibehalen an och kucken, fir neier ze fannen. Lëtzebuerg muss sech och u fréieren Erfolgsmodellern inspiréieren, wéi zum Beispill déi vum Mediebetrieb RTL oder vum Satellitbedriewer SES. Hei gouf gutt an innovativ Nischepolitik gemaach, andeems d'Stäerke vun engem klengen Land ausgenutzt goufen: kuerz Entscheedungsweeër, ugepasste Gesetzter a Reglementer.

Lëtzebuerg huet eng bedeitend Finanzplaz mat vill Kompetenz. Am Beräich vun der Digitaliséierung – KI – gëtt et vill Potenzial, d'Produktivitéit zu Lëtzebuerg ze steigern, ouni dowéinst op vill Immigratioun oder Frontalieren zeréck mussen ze gräifen. Dëst ass de Wee mat enger gudder zukunftsorientierter Innovatiounspolitik fir e staarke Wirtschaftswuesstum ouni massive Bevëlkerungswuesstum. Dat muss d'Zil sinn. Ech wëll och hei – well heiansdo gëtt ee jo falsch verstanen – kloer soen, dass d'ADR elo net ass fir hei de Bevëlkerungswuesstum strikt ze stoppen. Dat ass net eist Zil.

**Plusieurs voix | A!**

**M. Fred Keup (ADR) |** Mir brauchen natierlech fir eis Finanzplaz, fir eis Wirtschaft, héichqualifizéiert Aarbechtskräften. Et geet eis drëms, e geréierbaren ...

**M. Georges Engel (LSAP) |** Mir brauche Wuesstum a kee Wuesstum.

**M. Fred Keup (ADR) |** ... Bevëlkerungszouwuesst ze kréien, fir aus dem onkontrolléierte Bevëlkerungswuesstum e méi kontrolléierten ze maachen, deen eist Land stemme kann, verantwortungsbewusst a mam Gedanken un d'Zukunft vun eise Kanner.

An deem Kontext – an dat ass dach awer schued – en Thema, dat hei ni richtig zur Sprooch kënnt, well vläicht net jiddweree sech dorun erun traut: e Wuert zum Thema Migratioun. Vu dass keen dat mécht, maache mir dat dann als ADR. Mir hunn zwou Zorte vun Immigratioun. Engersäits dat, wat hei oft geschwat gëtt, déi sougenannten Talenter oder Fachkräften, déi een unzitt. Dat ass dann, seet een an der Wëssenschaft, Aarbechtsmigratioun. An dann hutt Der natierlech och nach eng aner Migratioun, an dat ass déi, déi an Europa déi lescht Joren immens zougeho huet. Déi ass éischter – net komplett, mee éischter – onqualifizéiert, an dat ass déi sougenannten Asilmigratioun. A mir kennen d'Etüden an Europa zu de finanziellen Repercussiounen op de Staat duerch d'Migratioun. Déi gëtt et net zu Lëtzebuerg, mee déi gëtt et an Däitschland, an Holland, an anere Länner. A wat fir en Afloss huet déi Immigratioun op déi effentlech Finanzen, op de Budget? An allgemeng kann een et esou resüméieren: Stand haut, an ouni Ännerung vun der aktueller Politik, ass d'Immigratioun a Westeuropa am grouse Ganzen en Negativgeschäft fir d'Budgeten. A si ass ganz deier. De Punkt ass: d'Repercussiounen op de Budget vum Staat hänken eebe ganz staark vun der Aart vun der Immigratioun of. Duerfir kann een dat och net alles an den Dëppe geheien. Konkreet Beispill: Hutt Der e sougenannt Talent, wat aus Westeuropa, aus Amerika kënnt, dann ass dat ganz kloer en däitleche Plus fir d'Staatskeesen ënnert dem Stréch. Hutt Der awer en Asilmigrant, deen heihinner kënnt, bréngt dat ënnert

dem Duerchschnëtt bis zum Schluss en daitleche Minus an d'Staatskeesen. Dat muss een ...

*(Interruption)*

Jo, dat ass eng aner Geschicht, mee mir schwätzen hei iwwert de Budget, net iwwert d'Valeur vum Mënsch. Ech soe just hei, wat fir en Afloss et huet op de Budget. Fir dat anert ...

*(Interruption)*

... kann ech eng Klamer opmaachen: Mir stinn natierlech zum Asyl a mir sinn natierlech gäre bereet, Leit hei opzehuelen an ze hëllefen. Dorëms geet et net, wann ech hei iwwert déi Zuele schwätzen.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Mee Dir sot ëmmer dat eent an dat anert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Eeben net. Dir vermëscht alles, well Der ëmmer pauschal vun der Immigration schwätzt. Ech soen hei ganz kloer: Et gëtt déi eng an et gëtt déi aner. An ech héiere jo och ëmmer erëm, dass vun Talenter geschwat gëtt. Et ass also dat, wat ee wëllt. Mee ech kommen nach dorobber.

Et stëmmt also net, dass Immigration eis Sozialsystemer géif stabiliséieren, wéi dat gesot gëtt, mee si belaauscht se laangfristeg. Dat muss kloer sinn. An ech soen dat och hei kloer, well da verstitt Der, firwat déi meeschte Länner op der Welt haut bal alleguer eng ganz selektiv Immigration bedriewen. Eng selektiv Immigration, wou se soen: „Mir huelen Talenter a mir huelen net déi, déi eis méi kaschten.“ A mir soe ganz kloer, dass een, deen op Lëtzebuerg wëll immigréieren, dee muss seng eegen Existenz kënnen ofséchere. Mir wëlle ganz kloer keng Awanderung an d'Sozialsystemer, wéi dat iwwerengs bal all déi aner Länner an Europa soen. An domadder sti mir eebe grad haut an der politescher Mëtt an Europa, well déi meeschte Länner an Europa genee dat doten, wat ech elo grad gesot hunn, och soen a wëlle maachen. Dir braucht net wäit kucken ze goen: An den Nopeschlänner an doriwwer eraus, iwwerall ass dat doten den Discours, deen haut ass. An et wäert och esou ëmgesat ginn. Dat wäert Der gesinn.

*(Interruption)*

Mir brauchen also eng nei couragéiert an zukunftsorientéiert Immigration- an Asylpolitik zu Lëtzebuerg an an Europa. Et kritt nëmme nach Schutz, wie wierklech Schutz brauch. Mee dee kritt och de Schutz, soulaang en e brauch, wéi dat virgesinn ass. An da spueren mir och do ganz vill Suen. An ech wëll Iech eng Zuel hei am Budget nennen. Et si virdrun e puer Zuele genannt ginn, déi hei awer net. Déi ass wierklech considerabel. Ech wëll et einfach emol esou stoe loossen. Am Budget stinn 72 Milliounen – 72 Milliounen! – fir Sécherheetsdëngschter an den Asylheemer, an de Flüchtlingheemer. 72 Milliounen eleng d'Sécherheetsdëngschter, wat déi 2025 wäerte kaschten. Ech fannen dat schonn zimlech dramatesch. Do kann ee sech awer Froe stellen.

Weider, nächste Punkt kuerz: den Defizit. Mir hunn 1 Milliard Defizit trotz Wuesstems. Dat gesäit esou aus, wéi wann dat kéint esou weidergoen. Mee et ass sech awer och kee sou sécher. Ech verstinn dat och, well et sinn eng ganz Partie Parametere, do hu mir net dee gréissten Afloss drop, notament déi allgemeng weltwäit Steuer vu 15 %. A mir wëssen net genee, wéi de Budget wäert an den nächste Joren evoluéieren. Et ass awer am Moment eng Tatsaach, dass mer méi Scholden hunn, dass mer méi Zësen hunn, dass mer sollen oppassen, dass mer net vu Joer zu Joer ëmmer mat Defiziter plangen.

An ech erënneren och hei d'Chamber an d'Regierung drun, dass eng Motioun hei gestëmmt gi war vun de

Regierungsparteien, fir an dëser Legislaturperiod eng Steuerreform ze maachen. Eng Steuerreform, déi manner Steiere bedeite soll fir „les revenus modestes“ a fir „les classes moyennes“, wat esou vill heescht wéi eng Steuerreform mat manner Steiere fir quasi jiddwereen hei am Land, ech soen emol 90 %. An do sinn ech awer mol gespaant – dat géif mech jo freeën, mee ech si gespaant –, wéi Der dat wëllt hikeréien, wann Der elo schonn alljoers mat engem Defizit plangt. Da géif ech gär gesinn, wéi déi Motioun soll ëmgesat ginn. Mee wann et méiglech ass, si mer natierlech gären do derbäi.

E wichtige Punkt hei, mengen ech, deen och oft vergiess gëtt, ass net d'Aarmut am Allgemengen – do schwätze mer hei vill driwwer –, mee d'Situatioun eeben och vun de Kanner a vun de Familljen hei zu Lëtzebuerg. A wann een déi Entwécklung allgemeng kuckt, wéi mer dat haut gesinn, da muss ee feststellen, dass mer ëmmer méi Kannerarmut hunn, dass d'Familljen ëmmer méi Problemer gesinn. A si missten eigentlech am Zentrum vun eisen Entscheedunge stoen, wou se awer net stinn. D'Famill ass leider haut net méi esou wichtig, wéi se fréier war. De Stellessäit huet ofgeholl, an dat ass net gutt. De Wäert vun der Famill a vun de Kanner ass net méi deen, deen e war.

Dat geet op d'Käschte vun de Kanner, wann iwwerhaapt nach Kanner do sinn. Zu Lëtzebuerg läit d'Zuel vu Kanner pro Fra bei 1,25. Dat ass den niddregsten Taux, dee mer jee hei haten. A vill Jonker zécken, Familljen ze grënnen, oder si hu keng Méiglechkeeten, well hinnen déi finanziell Moyenen dozou feelen. An déi, déi der kréien, falen dann zu engem Deel an d'Aarmut. An ech wëll hei soen, dass et eng Wiel gëtt. Eng Wiel tëschent der aktueller Politik – haaptsächlech nach vun der anerer Regierung, vu fréier – an enger Politik, fir déi d'ADR steet, déi fir d'Familljen a fir d'Kanner ass an déi an den Zentrum setzt.

An ech ginn Iech hei ee Punkt ze bedenken: Mir sinn als ADR fir e méi héicht Kannergeld. E Kand vun 18 Joer, dat op Deuixième ass, dat an d'Schoul geet, kascht eng Famill pro Mount 800 Euro. Dat ass eng Etüd vum Statec. 800 Euro „pour vivre de façon décente chez leurs parents“, steet do – ouni d'Wunnungskäschte mat anzerechnen! Kannergeld gëtt et, wann ech mech net ieren, fir ee vun 18 Joer, 380 Euro. Et feelen also 420 Euro. Wou sollen déi dann hierkommen? Ass dat d'Famill wäertschätzen? Nee!

Mir wëlle ganz kloer eng Politik, wou d'Kanner keng finanziell Belaaschtung si fir d'Familljen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | E Punkt – do kann ee soen, et ass en Detail, mee et ass mir awer wichtig –, do geet et ëm den Horeca-Secteur, deen am Moment viru ganz grouse Schwierigkeete steet. Déi si ganz verschidden, mee eng ass déi heiten, an dat ass, dass d'Präisser ëmmer méi schnell an d'Luucht ginn.

2014 ass decidéiert ginn, dass d'TVA a Caféen a Restaurants op Wäin a Béier vun 3 % op 17 % eropgesat soll ginn. Vun 3 % op 17 %! An Zäiten, wou Caféen ausstierwen a Restaurants et ëmmer méi schwéier hunn, wou d'Leit sech och net méi treffen, d'Zesummesinn an der Gemeinschaft ëmmer méi verschwënnt, wou souguer Gemenge mat 6.000, 7.000 Awunner net een eenzege Bistro méi hunn, wou d'Gemeng da muss asprangen – wat gutt ass! –, fir dann e Gemengegebai ze verlounen!

Ech géif soen, do muss een eppes maachen: d'TVA erofsetzen. Se war jo niddreg. Firwat dat net erëm maachen? Dat muss dach méiglech sinn! Et kënt de Caféen zegutt, et kënt der Wirtschaft zegutt, et kënt de Clienten zegutt an et si jo och Produkter aus Lëtzebuerg. Et géif eis alleguer zeguttkommen.

An ech ginn Iech hei e Beispill, wéi vill d'Saache méi deier gi sinn. 2002 huet an engem Café, wou ech dann deemools war, e Gedréns 42 Frang kascht.

*(Interruptions)*

Jo, et ass deemools ëmgerechent gi vun 42 Frang an do huet de Wiert dorausser 1,02 Euro gemaach. Dat ass richtig, 1,02 Euro de Mini. Inflationenberengegt – dat kann ee jo rechnen, et rechent een d'Inflation, do gëtt et um Internet esou Rechner fir Lëtzebuerg – misst de Präis haut bei 1,69 Euro leien. E Mini oder eng Cola: 1,69 Euro an deem Café. D'Realitéit ass awer: De Präis läit an deem Café bei 3,50 Euro an de Wiert, dee kënnt net méi iwwert d'Ronnen. Wat ass do geschitt?

*(Interruption)*

Dat ass eng Inflation ... Nee, dat ass eng dramatesch Situatioun. A bei anere Produiten ass et och esou. Ech ginn Iech eng Mëtsch, e Croissant huet 1992 25 Frang kascht, dat missten dann haut 1,21 Euro sinn, wann een d'Inflation materechent. Et sinn awer 2,20 Euro. Wat ass do geschitt?

Dat heescht, mir gesinn hei, dass verschidde Produkter, déi awer vun de Leit all Dag oder oft konsuméiert ginn, vill méi staark an d'Luucht gaange sinn, wéi d'Inflation eis dat ausseet. An dat ass och e verstoppte Kafkraaftverloscht, dee ganz vill Leit haut spieren.

Da kann een am Budget och spueren. Mir soen ëmmer, mir froen eis: „Kënnen mer eis erlaben, an Zäite vu Scholde wäit iwwert dat, wat international Conventiounen soen, erauszegoen?“ Mir schwätzen zum Beispill vun den 0,7 % vum Bruttonationalakommes fir d'Entwécklungshëllef. Mir schwätzen och vun aneren Instrumenter, wou mer oft méi ginn, wéi mer eigentlech missten, woubäi all déi aner Länner normalerweis vill, vill manner ginn. Dat heescht mir wieren och mat deem, wat virgesinn ass, schonn immens gutt. Mir kéinten, wéi ech gesot hunn, och bei der Immigrationpolitik vill spueren. Mir kéinten och – dat sinn natierlech Klengengkeeten, kann ee soen – bei verschiddene Publicitéitscampagnë vu verschiddene Ministèren, wou Leit andauernd Broschüren heemgeschéckt kréien, immens spueren. Mir kéinten och eis Kontributiounen bei internationalen Institutiounen mol iwwerdenken, dass se mussen novollzéibar sinn.

*(Interruption)*

Mir kéinten eis Subventiounen fir international Klimafongen, wou oft kee richtig weess, wou déi Suen hi kommen, och mol eng Kéier iwwerdenken. An dann 2 % Militärausgaben, 2,6 Milliarde fir nei gepanzert Ween fir e belsch-Lëtzeburger Bataillon, deen ni hei an der Chamber diskutéiert an decidéiert ginn ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Wann Der schonn op 2 % Militärausgabe wëllt eropkommen – dat ass iwwer 1 Milliard Euro d'Joer –, da kuckt weinstens, dass déi Suen am Land bleiwen an eis Zaldoten och.

Wann Der wëllt a Waffen investéieren – an dat geet elo e bësse méi wäit –, da sträicht och déi ESG-Kritikären am Pensiounsfong, well wou ass d'Logik, wann Der sot: „Op där enger Säit gi mer gäre Waffe kafen, an zwar massiv“, an op där anerer Säit soe mer, de Pensiounsfong dierft weinst den ESG-Kritikären emol net an Airbus investéieren, well Airbus Motore baut fir Düsenjäger, déi jo kéinten an engem Krich agesat ginn? D'Amikaner hu sech op jidde Fall schéi gewonnert d'leschte Weekend, wéi se dat héieren hunn.

Nächste Punkt nach: Einnamen. Mir brauchen Einnahmen. Et ass ugeschwat ginn hei: Tubak a Bensinn an Diesel. Tubak: iwwer 1 Milliard. Bensinn an Diesel: 1 Milliard. Tanktourismus, Tubaktourismus ... Ech wëll



just soen: Een, dee gär dorop verzicht, dee muss heihikommen an de Leit erklären, wou en dann déi Sue kompenséiere wëll.

Mir stinn op jidde Fall dozou, dass déi Suen erakommen. A mir stinn och dozou, dass warscheinlech nach vill méi laang hei am Land an och ronderëm Verbrennungsmotore wäerte fueren, wéi vill Leit mengen.

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Nach e Wuert zur Energie. Mir hunn an Europa wirtschaftlech ganz schwéier Zäiten, well d'Energie immens deier ginn ass. Mir kenne verschidde Grënn, mee an Däitschland ass et ganz kloer och scho virum Ukrain-Krich ugaangen. An dat kënt doduerch, well do eng ganz Partie gréng ideologesch Feelentscheedunge getraff gi sinn. A mat der grénger Energiewend sinn an Däitschland d'Stroumpräisser explodéiert. De Stroum ass deier an net méi ganz sécher.

Mir verbrauchen zu Lëtzebuerg pro Joer am Gesamtenergieverbrauch ronn 50 Terawattstunden Energie a mir produziere selwer 1 % dovunner mat Solar- a Wandproduktioun – 1 % –, a wann Dunkelflaute ass, da sinn dat 0 %. Dat ass e Fakt. Dat heescht de Leit hei esou virzemaachen, wéi wa mir hei an eisem Land d'Energieversuergung iergendwéi mat Wand- a Solarenergie kéinte sécheren, dat ass de Leit Sand an d'Ae gestreet. Dat geet zu engem minimalen Deel.

*(Interruption)*

Technesch net méiglech, do braucht Der aner Quellen.

Wa mer scho beim Thema sinn: Mir wëlle keng ideologesch Energiepolitik, mir wëllen eng realistesch Energiepolitik a mir wëllen och keng ideologesch Oplagen. Zum Beispill: D'Loftfaart muss vum 1. Januar un 2 % sougenannten nohaltege Kerosinn tanken an a reegelméissegem Ofstänn gëtt dat dann ëmmer méi héich. D'Cargolux huet vun enger existenzieller Bedroung fir déi europäesch Loftfaart geschwat. Majo!

An da kënt dann elo deen neien Nohaltekeetsrapport fir gréisser Betriber. Och do gëtt et dann ëmmer méi deier, ëmmer méi komplizéiert. D'CO<sub>2</sub>-Steier klëmmt weider a weider a belaascht d'Leit an d'Wirtschaft vu Joer zu Joer méi. Ëmmer méi Oplage fir Betriber, ëmmer méi Strofen.

Fir nei Haiser gëtt et och ëmmer méi Oplagen. Geschlechter hunn ech interessanterweis gelies am „Wort“, do huet een eppes Guddes gesot: „Wann Der wëllt Energie spueren a Wunnraum hunn, da loosst emol déi al Haiser stoen a haalt op ofzerappen!“ Dat ass och emol vläicht e Punkt, deen ee muss eng Kéier a Consideratioun zéien.

Allgemeng brauche mir an där ganzer ideologescher Diskussioun eng Korrektur. An amplaz vun Transformationsplanwirtschaft brauche mir fräi Technologieoppenheet. Amplaz Ideologie brauche mer Realitéitsënn. Et gëtt vill ze maachen. Ech wënschen der Regierung op jidde Fall vill Courage. Si huet d'Verantwortung fir d'Zukunft an hiren Hänn. A loosst net zou – an dat mengen ech elo esou, wéi ech et soen –, dass hei esou Entwécklung stattfanne wéi an eisem Nopeschland Däitschland oder bei anere Beispiller!

Här President, Kurs op muer! Kurs op muer, jo! Ech hunn am Ufank vu groussen Erausforderunge geschwat, déi eist Land kennt: Villes leeft schif zu Lëtzebuerg. Vill Leit hu Problemer. Et geet de Lëtzeburger net méi esou gutt wéi fréier. Mee eis Zukunft ass net geschriwwen. Wa mir Lëtzeburger ëmdenken an eis Chancen notzen, dann ass et mir ëm eis Zukunft net baang!

Lëtzebuerg ka méi, wéi et déi leschte Jore bruecht huet. Lëtzebuerg verdéngt méi wéi dat, wat et déi leschte Jore krut. Mir mussen d'Chancen notzen. Genee dat muss d'Politick endlech maachen: Chancen notzen! Genee dat géif d'ADR maachen. Net just op eng besser Zukunft waarden, mee dës Zukunft aktiv siche goen, och mat faktebaséierter Zouversicht fir Lëtzebuerg a seng Leit, fir d'Zukunft ze stäerken. Méi Geld an der Täsch, grad fir déi breet Mëtt.

Trotz allen Ongewëssheete wëll d'ADR, dass et biergop geet. An duerfir brauche mir e Budget, dee Kurs hält, Kurs a Richtung Opschwung a Wirtschaftswuesstum, Kurs ewech vum Milliounenawunnerstaat, Kurs zu engem rasonabele moderate Bevëlkerungszuwues, Kurs zu enger kontrollierter a qualitativer Immigratioun, Kurs op Integratioun, op eis Sprooch, op d'Erhale vun eiser Kultur, Kurs op e Schoulsystem, deen net trennt, mee verbënnt an dat erhält, wat eisen Erfolleg ausmécht, Kurs a Richtung Wuelstand, Aarmutsbekämpfung a Gerechtegkeet, Kurs a Richtung Famill a Kanner stäerken an – jo! – méi Kanner kréien an och Kurs op e méi héicht Kannergeld, Kurs op e Lëtzebuerg, wou eis Jonk kënne wunnen, wou se kënnen eng Famill grënnen, Kurs a Richtung vun engem gudden Gesondheetssystem, Kurs a Richtung Natur schützen zu Lëtzebuerg, Kurs an d'Richtung, dass mir zu Lëtzebuerg net dat onsécherst Land sinn, mee dat sécherst Land an Europa ginn, Kurs a Richtung Liewensqualitéit a fräi Mobilitéit, Kurs a Richtung kuerz Weeër, kuerz Zäit an der Mobilitéit mam Auto an och mam Verbrennerauto, Kurs a Richtung Bensinn an Diesel an Heizung a Masutt zu bëllege Präisser fir eis all a fir jiddereen e sécheren, bëllege Stroum, Kurs a Richtung Digitalisierung a Kënnschtlech Intelligenz, Kurs a Richtung nohaltege Finanzen, Kurs a Richtung Vertrauen.

Kurs op muer an iwwermuer, e Muer fir jiddereen an en Iwwermuer fir jiddereen an en Iwweriwweriwwermuer fir jiddereen, fir Lëtzebuerg. Dofir steet d'ADR!

Ech soen Iech Merci.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Kurs op 1900!

**Une voix** | Elo Kurs op de Mëttesdësch!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Keup.

An domat si mer um Enn vun der Sëtzung vun haut de Moien ukomm. Mir fueren haut de Mëtten um 14.00 Auer mat den Debatten iwwert de Budget weider.

*(La séance publique est levée à 12.42 heures.)*

## 56<sup>e</sup> séance

### Sommaire

#### 1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président

p.38

#### 2. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

##### 8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

p. 38

Discussion générale (suite) : Mme Sam Tanson (interventions de M. Gilles Roth, Ministre des Finances, Mme Diane Adehm, M. Mars Di Bartolomeo, M. André Bauler et M. Fred Keup) (dépôt des motions 1 et 2) | M. Sven Clement (interventions de M. André Bauler et M. Mars Di Bartolomeo) | M. David Wagner (intervention de M. Marc Baum) | Mme Diane Adehm | M. André Bauler (interventions de M. Laurent Mosar et M. Mars Di Bartolomeo) | M. Franz Fayot (dépôt de la motion 3)

Prise de position du Gouvernement : M. Gilles Roth, Ministre des Finances (interventions de M. Mars Di Bartolomeo, M. Marc Baum, Mme Sam Tanson, Mme Taina Bofferding et M. Fred Keup) | M. David Wagner (parole après ministre) (intervention de M. Marc Baum) | M. le Ministre Gilles Roth | Mme

Sam Tanson (parole après ministre) (interventions de M. Sven Clement et M. le Ministre Gilles Roth) | M. le Ministre Gilles Roth (interventions de M. Marc Baum et Mme Sam Tanson) | M. Franz Fayot (parole après ministre) (interventions de M. le Ministre Gilles Roth) | M. le Ministre Gilles Roth

Motion 1 : Mme Diane Adehm | Mme Taina Bofferding | M. David Wagner | M. Sven Clement | Mme Sam Tanson

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : Mme Carole Hartmann | Mme Stéphanie Weydert | Mme Taina Bofferding | M. Fred Keup | M. Sven Clement | M. David Wagner | Mme Sam Tanson (interventions de M. Fred Keup)

Vote sur la motion 2 (rejetée) (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)

Renvoi de la motion 3 à la Conférence des Présidents

Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : Mme Martine Hansen, M. Gilles Roth, M. Georges Mischo, M. Eric Thill, Ministres